

eis sprooch

erausgi vun der Actioun Lëtzebuergesch
Lëtzebuerg

1. Trimester
1992

Nei Folleg / 4 Hefter pro Jor, dovun 1 Extra-Serie
Drock: Kremer-Muller & Cie L-3895 Féiz

Nr 34

| | | | |
|---|----|---|----------|
| Tit Schroeder: Enn Mäerz | 1 | Dieter Zimmer: Dem Paulus säin éischte Bréif un d'Korinther | 23 |
| Jeanine Theis-Kauth: De leschte Schnéi / E Fréijoërsdag / Fir 1992 | 2 | René Kartheiser: Den Énnerscheed Di dräi Jcër | 25 26 |
| Jean Welter: Dat Lëtzebuergesch am Buch vum Franz Joseph Mone | 3 | hr.: Eng versëlwert Plaquette Dicks-Rodange-Lentz fir de René Kartheiser | 27 |
| Pierre Posing: Eng gelunge Welt? / Vum Häerz | 11 | Gil Mandy: Stëmmrecht fir wat fir Auslänner? | 29 |
| R. Ludes: Eng amputéiert Equipe | 12 | † Jos. Hirt: Theater (V) | 31 |
| Rita Wennmacher: A Butschen | 13 | hr.: Theater-Notizen | 35 |
| Robert Siuda: Klenggeketen | 17 | hr.: Notizen | 37 |
| † Vic. Robert Schëfflenger Spiichten an Tricken | 18 | Raymond Schaack: Owend | 42 |
| Gil Mandy: Déi kleng Hex Finnchen (II) | 19 | Antoinette Delperdange-Kaber: D'Fréijor! | 42 |
| Tom Thies: Erënnerungen un d'Vakanz bei de Grousselteren (IV) Dem Issi säin Theater op dem Grénge sénger Mëscht | 21 | hr./gjpr.: Aus dem Bicherbuttek | 43 |



'Tas Fréijor...

(Fotoën: hr.)

Tit Schroeder

Enn Mäerz

Aus déiwem Schlof erwächs de an der Nuecht,
a waakreg bas de wéi am hellen Do –
et reent, et reent – an d'Loft huet sech geluegt,
a siddlech fällt e mülle Reen op Wis an Ho.

Lo bretzen d'Blieder d'Käpp an d'Patten op,
lo bruert all Blumm, all Bléi an déngem Gaart,
an d'Schléiwebléi do hannen op der Kopp –
si hu well wochelaang op Ree gewaart.

A Räif a Rauecht kommen a vergin –
mar wéinkt eng Vioul aus hirer gringer Wéi,
Bromä a Frascht kann hir lo näischt mi din...
mar liichte Kiischtebam a Käschtebléi.

Ma läis de mol am Schlof – dräi lelen déif –
erwächt am Mäerz de mülle Reen dech nit...
duerfir méng Mod, sief léif méng Mod, sief léif,
wann Nielchesblumm an Äppelbam mar blitt.

Jeanine Theis-Kauth

De leschte Schnéi

Frësche Saaft klëmmt an de Weiden,
deet se d'Kraaft vum Fréijor spiren.
D'selwecht geet et och de Leiden,
déi sech dogéint glat nët wiren.

Mer freen äis un deem jonke Liicht
an hale schonn de Kapp méi riicht.

Mer ounen ënn'rem leschte Schnéi
de gringe samettege Wues.
Um Bor vum Bësch weist sech e Réi.
Bleif elo ston, a schwätz méi lues.

E Fréijoërsdag

De Wanter huet de Krich verluer!
Du méchs däin éischten Trëppeltour
am frësche Wand, de Bierg erop,
bis uewenaussen héich op d'Kopp.

Tëscht direm Gras déi éischt Vioul
gouf vun der Sonn erwächt;
schwarz Määrten hale Museksschoul,
an 't klängt nach guer nët schlecht.

De leschte Schnéi u Schléiwendär
huet sech an d'Näischt verzun.
Mar wüsst e wäisse Bléieschlär
a lackelt d'Beien un.

Fir 1992

Et dingt dech näischt, dech ze beschwéiren;
so léiwer, d'Welt wir an der Rei.
Vergiess dat meescht, wat mer sou héiren
om Radjo an am Hei Elei.

Kuck dech genee all Dag am Spigel,
a fann dech selwer flott a jonk.
Gëf dach der Flemm eng op den Digel,
erhal der Liewesmutt a -schwonnk.

A gët et däischer an de Stoffen,
da fänk der d'Lut a Käerzen un.
'T as besser heiansdo ze bluffen,
wéi d'Angscht ze weisen, déi mer hun.

Mer müssen all eist Liewe liewen,
dat wéi eng Hingerleder as.
Deen d'Welt wëllt aus den Aanglen hiewen,
huet sech malit de Réck verrass.

D'Neit Jeerche kënn mat Fredefeier.
Mer wënschen äis. Da so' mer stëll:
«'T as ëmmer nees déi selwecht Leier
an 't geet dach ni, wéi ech et wëll.»

Jean Welter

Dat Lëtzebuergesch am Buch vum Franz Joseph Mone¹⁾

Déi eelst gedréckt Texter op lëtzebuergesch, déi mer bis elo kennen, sin:

1. E puer schwéierfälleg kleng Schréften an en anonymt «Reimwierk» mat dem franséischen Titel: «Les derniers vœux d'un ivrogne» an der Zäitschrëft «Luxemburger Wochenblatt» an de Joren 1821, 1824 an 1825^{1) 2)}

2. Dat éischt egentlecht Drockwierk an eiser Sprooch as vum Anton Meyer. De F.J. Mone seet doriwer (S. 272-273): «E' schrek (Schritt) op de' Lezeburger parnassus, vum A. Meyer, Lezeburg. 1829. VI. u. 53 S. in 12'. Die Vorrede und der Anhang enthalten etymologische Regeln über den Dialekt von Luxemburg. Es sind im ganzen 6 Gedichte, die ersten, welche in dieser Mundart gedruckt und wohl aufgenommen wurden. Ich besitze andere handschriftlich, die ich unten mittheile.»

3. E Joër nom Anton Meyer, also 1830, gouf dann dat Buch gedréckt vun deem an dësem Artikel Rieds geet, an dat bis viru kurzem nët bekannt war. Mir hun et entdeckt bei eise Recherchen iwwer de «Blannen Theis»⁴⁾, wou «D-bauren ann der ribott» fir d'éischt (erëm) publizéiert goufen. Déi aner Saache gin dann hei erëm frësch zougänglech gemat. Mir sin op dat Buch gestouss durch eng kleng Bemierkung beim Karl Goedeke⁵⁾.

4. Am «Mone» séngem Buch (1830) fanne mir déi hei Texter, déi fir cis Sprooch interessant sin:

- Déi puer Zeile Bemierkungen iwwer dem Anton Meyer säi «schrek ob de' Lezeburger parnassus» (cf. méi wäit uewen), (S. 272-273)
- «Proben unbekannter Mundarten», Bemierkungen a Regeln iwwer d'Lëtzeburger Orthographic (S. 459-462)

- «d-geschicht vum verluerene son», déi bekannt Parabel aus der Bibel a Gedichtform (S. 462-465)
- «D-bauren ann der ribott», e lidchen zum blannen Theis senger fidel (S. 466)
- «Parabel vom verlornen Sohne», an der Mondaart vum Sauerdall (S. 467-468)
- «Glëichniss vun d'm verlornen sön» an der Mondaart vun der Stad Dikrech (S. 469-471)
- Dat selwecht an der Mondaart vun der Stad Iechternach (S. 471-472)
- «De verlurne sön» an der Mondaart vum Museldall (S. 472-474)

Proben unbekannter Mundarten (S. 459-462)

Meine Absicht ist doppelt, Texte zu geben in Mundarten, worin entweder gar nichts oder sehr wenig gedruckt ist, und nur die Mundarten zu berücksichtigen, welche die niederländische Sprache im Süden und Osten begrenzen. Es sind sämtlich gemischte Dialekte, die ich nach der Mosel und Maas benenne, welche vorausgehen müssen, um die Eigenthümlichkeit des Rhein-Niederländischen einzusehen.

Ich gebe alte und neue Stücke, in diesen haben mich Eingeborene, besonders Hr. Pergameni von Luxemburg freundlich unterstützt, indem sie mir die Parabel vom verlornen Sohne frei, d.h. ganz nach der Darstellungsart des Dialektes übersetzten. Dergleichen Übertragungen stehen freilich den originellen Stücken nach, doch habe ich sie gewählt, weil Stalder* für die Schweizermundarten dieselbe Parabel als Probe gegeben. Will man nämlich diese niederen Mundarten mit jenen hohen vergleichen, so leisten Texte von gleichem Inhalt gute Dienste.

Jedermann weiß, daß mit unsern Buchstaben die Aussprache der Dialekte nicht hinreichend dargestellt wird. Man muß sich auf mancherlei Art behelfen und so wünschenswerth es ist, eine allgemeine Schreibregel in dieser Hinsicht zu befolgen, so schien mir dieses doch schon in den wenigen Proben, die ich mittheile, unmöglich und ich sah mich gezwungen, fast jedem Dialekt seine besondere Schreibung zu geben, was ich jedesmal angezeigt habe. Aber *einen* Grundsatz habe ich angenommen, weil ich ihn für allgemein halte, nämlich diesen: da die Darstellung der Aussprache hier die Hauptsache ist, so darf die Schreibung nur in so fern dem Organismus der Sprache folgen, als er mit der Aussprache übereinstimmt. So ist z.B. in «gejoht» (für gejagt) das h als Zeichen des Gutturals organisch, ist aber stumm und nur Dehnzeichen, ich muss also «gejöt» schreiben, wodurch der Ursprung des Wortes freilich verdunkelt wird. Doch mußte ich hie und da eine Ausnahme gestatten; z.B. «dóh» für Tag, um es vom Adverbium «do» zu unterscheiden. Aus demselben Grunde habe ich das Augment** «ge», wo es geschärft*** wird, «che» geschrieben.

Lang Vokale sind mit dem Accent bezeichnet. Der Gravis (˘) zeigt die Länge an die durch Dehnung des Vokals oder durch Ausfall eines Consonants entstanden, der Circumflex (ˆ) die Länge der Contraction oder den Ausfall eines Vokales. Beispiele des Gravis im ersten Fall: *wàr, hòd, hàlen, mòl*; im zweiten Fall: *èsen, bàl, gesòt*; das Circumflex: *dêl, sîng, frâ, hêm*. Ist aber in der Aussprache für dergleichen Fälle die Länge verschwunden, so darf auch kein Accent mehr gesetzt werden. Dieß geschieht

DUDEN:

* STALDER, Franz. Jos., *1757 Luzern, †1833 Beromünster. Die landessprachen der Schweiz oder schweizerische dialektologie... nebst der gleichnisrede von dem verlorren sohne in allen schweizermundarten. Aarau, 1819. — Versuch eines schweizerischen idiotikon... 1806-1812.

** Partikel virum Stamm vum Verb

*** scier a betount ausgesprach

Quellen und Forschungen

zur Geschichte

der teutschen Literatur
und Sprache,

zum erstenmal herausgegeben

von

Franz Joseph Mone,
Professor an der Universität zu Ebnen.

Erster Band.

Mit einer Schrifttafel.

Nachen und Leipzig,
Verlag von Jacob Anton Mayer.
1830.

1) durch die Inclination, gleichviel, ob das Wort zum vorigen oder folgenden gezogen wird; also schreibe ich *emòl*, nicht *émol*, obgleich dieses organisch richtiger ist als jenes; an *e*, nicht an *é* (und *er*) für *and hé*; *e màn*, nicht *é màn*.

2) Durch die Position, so steht *engkt, singkt, zwingt* für *ein, sein, zwei*, die Länge der Vokale in jenen Formen ist durch die Position zweifelhaft, die Aussprache gebraucht sie kurz. Bleibt aber die Aussprache gedehnt, so setze ich wieder den Accent, z.B. *méngt, êng*, für *meint, ein*.

3) In manchen einsylbigen Wörtern ist die Contraction durch die Aussprache verkürzt, z.B. *op, drop*, sie sind daher ohne Circumflex geschrieben.

Ein stummes *e* giebt es in diesen Mundarten nicht.

Meine Anwendung der Accente ist freilich für die Grammatik dieser Mundarten nicht hinreichend, besonders weil der Gravis Verschiedenartiges zugleich bezeichnet. Ich habe daher auch den Acutus (´) beigezogen, und zwar nur für folgende Fälle, die in diesen Mundarten nicht oft vorkommen:

a) für die Kontraktion des alten *uo* oder *ua* in *ô*, z.B. *bróder*, *dót*, *zô*, *gót*, entstanden aus *bruoder*, *tuol*, *zuo*, *guot*.

b) für die Kontraktion des alten *ia*, *io* oder *ie* in *é*, z.B. *dénst*, entstanden aus *dienst*. Zuweilen wird ein leises *i* nachgehört, was ich *i* geschrieben habe.

c) für das lange *a*, welches in der Aussprache in *o* übergeht, z.B. *jár*, *málen* für *jahr*, *mahlen* (*pingere*). Dicses *â* verwechselt die Mundart zu Echternach zuweilen mit dem langen *ò*, und spricht dieses wie *a* aus.

Am schwersten ist die Aussprache des *er* richtig zu bezeichnen. Ich habe ein *ë* gebraucht für zwei Fälle:

1) hinter Vokalen, um anzudeuten, daß es weder stumm noch Umlaut ist, sondern gesprochen wird.

2) Um den Mittelton zwischen dem kurzen *i* und *e* anzuzeigen.

In den Luxemburger Mundarten sind die meisten kurzen *i* in diesen Mittellaut übergegangen, der kein deutliches *i*, auch kein deutliches *e* ist und sich nur hören läßt, z.B. *drénken*, *ëch*, *wë* für *trinken*, *ich*, *wie*. In vielen andern Wörtern ist der Übergang in *e* schon völlig durchgeführt.

A. Moselmundarten

Was ich unter dieses Abtheilung gebe, sind Sprachproben aus dem teutschen Theile des Großherzogthums Luxemburg, die ich mir in Bezug auf das niederländische Sprachstudium gesammelt habe, dem sie als Einleitung dienen können.

1. Luxemburg und die Umgegend

Die Mundart des folgenden Stückes herrscht in und um Luxemburg, Arlon, im Merscherthale und an der französischen

Gränze. Ich verdanke die Probe H. Gloden aus Eich in Luxemburg.

a. d-geschicht vum verluerne son. (S. 462-465)

Et hât emol e mann zwê sinn,
de jöngste gong zom vueder hin
«papp, sôt-en¹⁾, gèf ons d-gut ze dêlen!»
du dong de papp et one schèlen.

no weneg dèg war d-gut zo geld,
de son verrêst an d-weide welt.
sei' gut war bal derdurch gekehert
durch dat schlecht liewen, wât-e fehert²⁾.

a' kurzer zeit war alles drob³⁾;
du gong'n em rèscht sèng âen⁴⁾ ob,
't-ass⁵⁾ do eng hongersnôt' entstânen,
och hien vun hunger gong zo schânen⁶⁾.

du ass-en hin an hier gejët,
an hoit e birger lang geplôt⁷⁾,
dèn dèngt-en, noch vill langem bidden,
fir ob sèng'm landgut d-schwein zu bidden.

e war vun hunger ganz verstellt,
hätt gâr sei' môh⁸⁾ matt fricht'n-erföllt,
dè mir dem spēckvéh gin zu friessen;
e war vun alle mensch vergiessen⁹⁾.

o-êmol kwom-t hem an de kapp¹⁰⁾;
«wè vill dohlèn'r erhält mei' papp,
an ech muss hei vun hunger stierwen,
dat muss ech fir mëng schlechthêt ierwen.

zo mëngem vueder wöll ech gòn,
a papp, so werd-ech dann em sòn,
ech hu- mech¹⁰⁾ widder gott versèndegt,
ech hu-mech widder dèch versèndegt.

ech sòn-em¹²⁾ och: mei' papp, ech sinn¹³⁾
nèt wèrt dei' son genannt ze gin¹⁴⁾,
dohlèner nämme' gleich bekuck-mech.»
e' mog¹⁵⁾ sech ob de wèh no'm hêmeh¹⁶⁾.

vu weidem huet de papp he-g'sin,
a' seher rant-en, ob-en hin,
sein hèrz gof¹⁷⁾ wêch, a' voll erbarmen
hie kisst-en, schloss-en a' sèng armen.

do fong de son-em un¹⁸⁾ ze sòn¹⁹⁾:
'ch hu sinn²⁰⁾ gènd gott an dèch gedòn,
ech sèn²¹⁾ nèt wèrt dei' son ze hèschen,
verzeih mer papp, verzeih mer kwèschen²²⁾.

du sôt de papp zo sêngem kniecht:
 dat schênste klêd macht schnell geriecht,
 am fanger muss-e rênk hem blênken,
 dir musst hem ôch nei schóng urênken²³⁾.
 t-meschkallev²⁴⁾ huilt²⁵⁾ a' schluecht
 [geschwên²⁶⁾,
 a' löst mer²⁷⁾ iessen, laeschteg²⁸⁾ sên,
 denn dêt, mei' kant²⁹⁾ war dôd, verlueren,
 well ass et rem³⁰⁾ fond, nei gebuereu.
 an du war frêd am ganzen haus,
 den aelste son, de war 'raus
 ob-t feld, do kwom-en hêm geillen³¹⁾
 an hehert³²⁾ alles danz'n a' spillen.
 du rôf-en³³⁾ ê' vun d'n arbêchs leit,
 a frôt-e³⁴⁾ schnâl, wât dat bedeit.
 «dei bruder ass erem vum wandlen»
 so sôt de kniecht, 'n³⁵⁾ ass dirr wê schanlen³⁶⁾.
 an iewel³⁷⁾ wâr déi' papp so froh,
 dat hien-e g'sond erem gesòh³⁸⁾,
 e sôt, so huet et hem gcfâlen³⁹⁾
 t-mescht-kallev muss de kapp duerhâlen.
 du wollt' den⁴⁰⁾ hei nêt mè gôn,
 vu göft⁴¹⁾; do lôs de papp he frôn⁴²⁾
 wofir-n nêt kwem, a lôs he bidden.
 dû huet de son-e so beschidden:
 «gelt, lang hun ech der trei gedêngt,
 nu g'seit mer, wât et mech gedêngt,
 du hues mer nêt emol e bock gin,
 fir dat ech könt mat frônne⁴³⁾ froh sin.
 dei' son, den all dei' gut verschluppt⁴⁴⁾,
 mat schlechte frâlreit⁴⁵⁾ huet verjuppt⁴⁶⁾,
 de kömbt erem, de muss' mer uechten⁴⁷⁾
 e kallev muss mer fir-e schluechten.»
 du huet de papp zo him gesôt:
 mei son, dat ass onrecht geklôt,
 t-huet kêmol eppes⁴⁸⁾ dech schencht⁴⁹⁾,
 wât meint ass, huet och dir gehehert.
 du muss et selver a'-gesin⁵⁰⁾
 mer müssen dach wuel frôlech sîn,
 denn det mei' kant war dôd, verlueren,
 well ass et rem fond, nei gebuereu.

(1) sagte er. (2) führt. (3) drauf gegangen. (4) erst seine Augen.
 (5) es ist. (6) Schanden. (7) geplagt. (8) Magen. (9) die Forderung
 -en in den Participien hört man nur hier und dort in der Stadt.
 Gl. (10) Kopf. (11) habe mich. (12) sage ihm. (13) bin. (14)
 geben, Umschreibung. (15) machte. (16) nach der Heimath.

(17) gab, für wurde. (18) an. (19) sagen. (20) Sünde. (21) bin. (22)
 Fehler. (23) anreihen, anziehen. (24) Mastkalb. (25) bolt. (26)
 geschwind. (27) wir, für uns. (28) lustig. (29) Kind. (30) herum,
 wieder. (31) geeilt. (32) hört. (33) rief er. (34) fragte ihn. (35) er.
 (36) Schindeln. (37) doch. (38) sab, besser gesagt. (39) gefallen,
 gewöhnlicher gefall. (40) dieser. (41) Gift, Zorn. (42) fragen.
 (43) Freunden. (44) vertrunken. (45) Weibslenten. (46) ver-
 schwelgt. (47) achten. (48) etwas. (49) genirt. (50) einsehen.

b. D-bauren ann der ribott¹⁾ (S. 466)

e lidchen zum blannen²⁾ 'l'heis senger³⁾ fidel.

Gegend um Luxemburg.

Den heer⁴⁾ verbid ons wein ze drênken,

meyna⁵⁾

an hiaen⁶⁾ dact selver naischt⁷⁾ we pênken⁸⁾,
 meya!

as dann de wein fer hien eleng⁹⁾?

do as sei' bauch nach¹⁰⁾ vil ze kleng¹¹⁾.

meya! meyna! meya!

gott huot ons d-vrêd jo nêt verbuoden, m.

e' glieschen¹²⁾ kann ons dach naischt

[schuoden¹³⁾ m.

a kukt mër och ze deif¹⁴⁾ an d-krou¹⁵⁾

dat mecht ons d'himmels-dir net zou.

meya, meyna, meya.

wat mengt der¹⁶⁾ nôper¹⁷⁾, gin-m'r-eng

[huolen¹⁸⁾ ? m.

den hergott kan ons d'klo¹⁹⁾ bezuolen, m.

mer gin net hêm, bäs dat mer kan

eng bukkebonz²⁰⁾ iver-t aner mân²¹⁾.

meya, meyna, meya!

(1) Zeche. (2) blinden. (3) Matthäus, es war ein blinder Tiedler der
 Gegend. (4) Pfarrer. (5) ein negativer Ausruf, etwa: ei was! (6) er. (7)
 nichts. (8) anstoßen mit dem Glase. (9) allein. (10) noch. (11) klein.
 (12) Gläschen. (13) schaden. (14) tief. (15) Krug. (16) meint ihr. (17)
 Nachbar. (18) gehen wir einen (Krug Wein) zu holen. (19) Zeche. (20)
 Burzelbaum. (21) machen.

2. Mundart im Sauerthal. (S. 467-468)

Die folgende Probe bezieht sich auf das Sauer-
 thal bis Moestroff, und auf das Alzettethal bis
 nach Mersch. Sie ist nach dem Dialekt zu Betten-
 dorf von H. Joh. Frommes aufgezeichnet, und
 enthält die Parabel vom verlorenen Sohne, nach
 Luk. 15. v. 11-33.

Es hâd emol e mân zwing sin, de jingsten hòd zu
 sêngem pap gesòd: «pap, cheff mer mêng dêl
 vom goud, war mer zókönt,» an du hòd de pap
 en 't goud gedêld. Etlich doh dernoh hòd de
 jingsten op chebôndelt an e as an engkt frimd

land weit e wegg gezugen an do hòd en singkt goud lidderich dropchemacht. wi en nu alles verdoen hād, du as eng grus deierigt an 't land kom, wo e wār, an du hòd hèn òch uchefāngen mängel zu ledden. Nun ass e bāl hei-hin bāl dohin gāngen, an endlech hod e bei ēngem von dēm land uchhālen für dēnst, dēn hòd-en op sein haff gedoen für d-schwein zu hōden; do hett e gerr sei' bouch mat de grōtzen gefōllt, de d-schwein chefrōcs hun, aver 't hòd emòl kēn'm se chin.

Du as et en achāngen an en hòd gesòt: «watt der dohlinger hun a mēngem vattesch-haus vōllich brud z'-ēsen, an òch mòs hei nach vun hunger verschmougten. òch wōll möch ophewen an zu mēngem pap choen an zu em soen: pap, òch hu cheint öser harrgot a cheint dōch gefōlt, òch verdōnen nu nōt mi dingkt kant chenant zu chin. hāl möch nōmen wi ēn vun dēngen dohlinger.» H'n hòt söch op gemācht an 'n as zu sēngem pap gāngen, vu fern hòt sei' pap e chesōhen an 't ass em zier ze herze gāngen, an ass zu em gelaf an hòt e lōf gedrōckt a chekōsst. Du hòt de sonn chesòt: «òch hu cheint öser harrhot a cheint dōch chefōhlt, òch verdōnen nu net mi dei son chenant ze chin.» De papp öwel hòt zu sēngem knōchte chesòt: «brengt den allerbesten iwerrack erbei, zōt em en un, dōt em e ranck an de fānger a chōt em schouen an d-fōs, hoelt dāt chemaest kalf erbei, a schloecht et, mer wōllen löstech sōn, wel dē mei sonn hei war dud an en as erem löwich chin, e war verloer, an en as erem fond chin.» an du hun se d-moltzech uchefāngen.

Dēn ölsten ewel war grād du op em fōld. wi en nu z'rōck kom as, a nōt weit mi vum haus war, hòt e gespills a gesprinks gehurt. du hòt en e vun de knēchten gerouf, an en hòt en ouschēfrōgt, wat dāt hīsch; dēn hòt em gesòt: «dei brōder as erem kom an dei' pap hòt t-chemaest kalf schlouchte chelōs, wēl 'en e chesond erem krit hòt.» Du as en zar-nech chin an en hòt nōt wōllen erachōn. de pap as ousgāngen an en hòt uchehālen, e soll

cach erachōn. hèn ewel hòt sēngem pap zer antwort chin: «gesci so vill jār dōnen òch der, an òch hu nach kae's dei wōll ivertrōden an du hòs mir nach nōt emòl e bock chin, dat òch möch mat mēngen frōnnen hāt kōnnen löstlich mächen, an eloh dō dei sonn erem kom as, de singkt gōt mat schlechte frāledden dropchemacht hòt, eloh hòs d-him t-chemāst kalf schluojten chelōs.» De pap ewel hòt zu sēngem sonn chesòt: mei löve sonn, du bass allzeit bei mer, alles wat mingkt ass, ass och dingkt, t-chebürt söch dach fru a lösstech ze sōn, well dei' brouder hei war dud, an en e lēft erem, floer war en, an en ass erem fond chin.

3. Mundart der Stadt Diekirch

(S. 469-471)

Mitgeteilt von Hrn. N. Frommes.

Glēichniss vùn d'm verlōnnen sōn.

'T war emòl e pap, dēn hāt zwin sīn, de jingsten dervun sòt zum vōder: «geff mer mēnd dāl vùn mengem gōt, ass wi se mer zō kēnt.» de pap durch de frechhæt vùn sengem sōb gestutzt, hòt se sech drem rappen gelōs. Etlich tåg noch der dælunc ruf de jingsten all seng miwelen ze sūmen an e gung an engt anert land, wù e gemengt hòt bēsser ze sēne, dō brōcht-en seng mētt'len dān durch verschwenderei drop. Nohdem dat meīn gōden kärelsgeu alles lidderlich drop gekleckt an durch d-peif gejogt hāt, entstung eng grusz hungersnōt an dēm land, de mengem gōden schluckert d-fell dān òch ganz zesumen grampelt hett, wann nēt ēn sech senger erbārrmt an em seng hārd schwein ungeboden hett. E wir gerren matt dēnen zō desch gagen (sic!) dē em vùn sengem hār ùnvertrot waren, wann mer en nemmen derzō gelos hett, affer nēn. Endlich gungen mengem armen trup d-ān iwer an e sot bei sech sēlwer: «wivil dohlēner hunn bei mengem pap brūd am iwerflōss, an ech móss schier eleih vùn hunger verschmouchten; ech hēwen mech op, ech gēn zō mengem voder, an ech sohen zō em: pap ùn gott àn ùn dir hunn ech meh (sic!) versōndigt,

ech sènn nèt mi würdig, dein sòn genannt ze ginn, behandel mech nemmen ass wi ên den-ger dohlèner.»

E su bàl ass en dè wirder ousgesprach dät, sprung en op an en luf noh sengem hæmicht. Wi de pap en vùn weitem gesèn hot kommen, luf em eng schùdrig wàl iwert herz, e sprung em entgèn, ful em em den halz an en hot sech mit ùn em gekesst. De son fung matt dèn wirder ùn: «voder, gott an deck (sic) hunn ech beleidigt, daz de mech fortun nach dein sòn solls nennen, kann ech nèt mi verlängen.» Nohdem dat de pap gesèn hot, dat sengkt herz nach oppes vùn sengem geblèt behàlen hāt, befül en sengen deiner em den bēsten iwerrack ze brengen, em en un ze zēhen, em æn rank an de fanger ze stēchen an en gót ze schōsieren. dórop befel de voder sengen knēchten dat bēst kalf ze stēchen dat s-am stāl hāten, dat se sech dach emol sollen erlestigen können, «weil mein son, dèn fir mech duckt war, errem fir mech lēft, dèn fir mech eso lang verlór war, an dèn ech nun op ænmol errem an mengen armen gesèn. erfræt éch an seid lestig.»

Sein älsten sòn war demols grad op dem feld. bei sēiner rückreise noh sengem vodershous hirt en op ænmol müsick an danz. erschreckt iwert dè frim ereigniss ruf en æn vùn sēngen knēchten zo sech, frot en, wāt dat dēt bedeien? den déner guf em gleich zur antwort: «dein bróder ass errem an dein pap ass doriwer an esu eng fræd geróden, dat en eis gleich befel ginn hót, dat bēst kalf ze packen.» Dù ass dèn älsten an e sù eng busigt geróden, dat en emol nèt an t-hous mi wolt gòn, bis dat de voder e sēlwer sēchen komm ass. e guf sengem voder stron-zig beschæd: «kuck emol hei! eloh hunn ech der schuns e sù vil jār gedēnt, ech hunn deng befeler kænmol iwertredēn, an du hos mer nach nèt emol æn bock ginn, dat ech mech mat mengen frennen lestig gemacht heet. nun ewel dat dein jingsten son, dèn all sengkt vermēgen mat hurerei verschwendt hot, zereck komm ass, dēst-de gleich dat

fētst kalf schlohechten, daz d-am stāl hos.» du rēd de pap e su zó em: «léwen son, du bass allzeit bei mir, war mengkt ass, dat ass ôch dengkt; et ass dach wol em sech ze erfrāhen, andēm dat dein bróder, den duckt war, errem lēft, jōh dèn verlór war, sech errem fond hót.»

4. Mundart der Stadt Echternach (S. 471-472)

”T wār e mán, den hāt zwī sinn. de jingsten dervon sòt zó seim pap: «gett mer mein eerfdæl!» du dælt dān ôch de pap sein vermeigen inner s-ous. iwer e por dē (oder noh e por dēen) rāft de jingste von sich zusomen, an e gāt e wēg an e weit lant, do hot he sei geitche den aublick dropp gemächt. clei enstōng en grusz hongersnutt an dem lant, an du fong hūn ôch allt on schlecht ze lēwen. zum lēzten as hen am lant erim gelāft, an hen hot sich bei æn verdangt fer um d-schwein ze heiden. dō hot e monigmōl gēren mat de schwaime gefreesz, ewel nimmesch hot hem eppes dervo gēen.

Du kōm e zó sich an e sòt: «elo hót mai pap e suvil dohlinner am kōst, an eich mous elei von hunger stēwen. je ich ginn hæm an dā sán ich: ”pap, ich há mich a gott an an der wilt versinnigt, ich sei nit mei wärt, daz du mich dei kand nēns, hāl mich ewi æ van deinen dohlinner.”» Du mäch hen sich opp d-ræs, sei pap gesag e va weiten kommen a va lauter erbarmen as e gint et gelāft en as em ùm den hals gefäl an en hat geküst. Du sat de jong ze seim vater: a gott an an der wilt han ich mich versinnigt an ich sein nit mi wärt, dein kand ze hæschen.» De pap sòt aver du zó seine knēchten: «gitt a bringt dat best klæd heran, dat em et an, stēgt em e rank an da fanger an doct em schōen an d-feis; halt eis mastkalw aus dem stāl a chlagt et, dà mer willen es æs recht de gouten an doen, dan elei mei son war dut an as erem lēwig gēen, e war verlór an mer han-en erem fond.»

Den èlste son war erous opp d-feld an wi en haniest kam, du hirt en se spillen an danzen

am haus. du froug-en æ von de bedeinten, wāt am haus ze doun wār? Du sōt em de, dat sci brouder erem kam wār, an dat de pap t-māst-kalev hāt lasen schlagten. Opp æmol gaf den bisz an e wolt nit an gon. du kam de pap erous an en hāt gesat; e soll doch mat a gon. dē sot c̄wel: «kuck, eich sein ewel e su vil joer bei der, an ich kan kæs de kap gehāl, an du has mer nach nit emol e bock gēen fer mich mat meinen frennen löstig zu mächen, elò as aver dein son erēm kom, den scin erf̄dæl mat liderlich dropp gekēert hat, dan list du eis māst-kallev schlagten.» de pap sot aver zó em: «mci leiwen sonn, dou bas jo immer bei mer, an alles wat eich han, dās jo ôch dein, nou lass mer es löstig mächen, dan dein brouder wār dut an en as erem lēwig, e wār verlor, a mer han-en erem fond.»

5. Mundart im Moselthal (S. 472-474)

Diese Mundart herrscht auf dem ganzen linken Ufer der luxemburgischen Gränze von Rodemacher bis Wasserbillig. Mitgeteilt von H. Lorenz.

De berlurne sōn.

ʽT hāt æs e mann zwî sinn, de jengschte vun hinnen ass zou seim vuēder gāngen an en huēt zou em gesot: «papp, gōt mʽr dʽn dæl, dē mʽr zoukōntt vun isem gut.» dou huēt de papp sei bermigen ānner se berdælt. Nāt lank durnoh huēt de jengschte son all scin sächen ze summe geholt, an en ass weit ewēg an e frimm land gezuggen; do huēt en alles wāt en hāt, mat scim liddʽrege liāwen geropgemāt. (sic!)

Wā en duē alles beschwennt hāt, duē ass æn grus hongersnūt an dām land enstānen, an hen ôch huēt ugefāngen nūt ze leiden, an duē ass hin an hir gerant an en huēt sech em birger aus dām land opgehāngen, dān huēt en op sai landgūt geschōckt fir sain schwein ze hiden. Gār hætt-en do sai moh gefōllt mat dā speisen, dā d-schwein gefrēs hun, iwel t-huēt kæ mānsch him eppes gēn. Elai huēt en sech erkrāit an bei sech selwer gesot: «wā vil dohliner hu bei meim vuēder brut

zʽæssen am iwerflōss, an ech musz hei nōch vun hunger sterwen. jæ, zou meim papp wāl ech gon an zou em sōn: «papp, gint gott an gint êch hun ech gefōhlt; ech sin nāt mā wert, ære sonn ze hæschen, hālt nōmmen; ass wā æ vun æren dohliner.» gāngs huēt en sech opgehuēwen, an en ass zou seim papp gāngen. scho vu weidem huēt sai papp en erblākscht an t-herz ass em däck gin vun erbarmen, en ass op hen zou gelāf, him em dʽn halz gefāl an en huēt e gekāscht.

Duē huēt de son zou em gesot: «papp, gint gott an gint æech hun ech mech versānnegt, ech sin nāt māh wert, dat ech ære sōn genannt gin.» Jewel de app huēt zou seine kniāte gesot: «brāngt de bāschte rook hier an dāt em en ùn, stācht em e rānk an d-fanger an gāt em schou an d-fis. hollt t-māstkalf herbāi, a stācht et, mʽr wōllen äissen a frou sin, eweil mei sōn elai woar dūt an e liāft nās, e woar berlur an e huēt sech erām fond.» Duēh hun sʽugefāngen sech löschtæg ze mächen.

Sein älschte son woar grad op-m feld. wā en duēh erām an noh bei t-hous ass komm, huēt- e spillen an danzen gehouert: en huēt æ vu de kniāten zou sech geruf an noh gefrot, wāt dāt soll bedeiten? dān huēt zou em gesot: «dāi bruder ass errām kom an dāi papp huēt em t-maaschkalf schlouēten gelòs, dat en hen gesond erōm huēt krèt.»

Duēh ass dē bis gin an en huēt nāt wōllen agōn. De papp ass selwer bei en erous gāngen an en huēt e gebāden. awer hen huēt seim papp esou gānnēfert: «dō gesāit ān t-iēwel, ech hun āich schonn sou vil joar gedint an noch kæs æren befōhl iwertrūden an dʽr huēt mʽr nōch nāt emòl e bock gin, dat ech hātt können löschtæg sin mat meine frōnnen, elo iēwel dat æren ānere son kom ass, dēn ær bermigen mat dʽn houēren beziert huēt, huēt dʽr him t-māschkalf schluechte gelòs.» «Mci liwe son, huēt de papp duēh zou em gesot, dau bass allzeit bei mʽr, an alles, wāt mein ass, ass dein, t-mūs æn dach frou sin an sech fræd undùn, dat dāi bruder elci dūt woar an e liāft nās, he woar berlur an e huēt sech erōm fund.»

E puer Bemierkungen:

— De Franz Joseph MONE gouf gebuer den 12. Mä 1796 zu Mingolsheim bei Bruchsal, en as gestuerwen den 12. März 1871 zu Karlsruhe. He war Germanist a Geschichtsfuerscher, Professer op der Universitét zu Léiwen, a vun 1835-68 Direkter vum Landesarchiv zu Heidelberg. (Nom «Brockhaus»). Nom Duden (Das große Dudenlexikon): Germanist a Geschichtsfuerscher, Prof. zu Heidelberg a Léiwen; Direkter vum Badischen General-Landesarchiv; Aarbechte virun allem «zur germanischen Heldensage und mundartlichen Dichtung sowie zur (Ur-)geschichte».

— Den Anton MEYER gouf gebuer den 31. Mä 1801 (onzième jour du mois Prairial an neuf) zu Lëtzebuerg, an en as gestuerwen den 24. Abrëll 1857 zu Léck. Ennert villen anere Posten a Beschäftigungen war en ëm 1830 och zu Léiwen Professer, duerno och zu Bréissel. (2, 3).

— De Franz PERGAMENI as gebuer den 10. November 1807 zu Lëtzebuerg an as gestuerwen den 21. oder de 25. Januar 1883 zu Saint-Josse-ten-Noode. Hie war fir d'éischt Dozent zu Lëtzebuerg. En as duerno op Bréissel geplënnert, gouf Belsch a war Professer um «Gaggia»-Institut (wou den A. Meyer och wor). E war e.a. Chefredakter vun den Zeitungen «Le Nord» 1856-1863 an der «Indépendance Belge» 1863-1882. Hien hat Kontakter mat ville bedeiende Perséinlechketen aus dem Joërhonnert vu virdrun, wéi z.B. mam Alexander Humboldt (8).

— Den Heinrich GLODEN, gebuer den 21. Februar 1804 zu Eech, gestuerwen den 28. August 1894, och zu Saint-Josse-ten-Noode, huet zu Bréissel am «Musée de l'Industrie» geschafft, huet dann op der Normalschoul zu Nivelles dozéiert. En huet viles zesumme mat sängem Brudder ënnerholl, dem Hubert GLODEN, gebuer den 25. November 1809 zu Eech, a gestuerwen den 19. Juli 1838 zu Ixelles. Si hunn ënner anrem

beim Anton Meyer sänge Publikatiounen eng Hand mat ugeluegt (5, 7, 8).

— Dës 5 Leit, de Mone, de Meyer, de Pergameni an d'Bridder Gloden haten also bestëmmt an der Belsch enk Verbindung mateneen an hunn zesummen um Mone sängem Wierk matgeschafft. Et wir derwäert, fir hei emol méi genä nozefuerschen.

— Déi aner Hären, de Joh. FROMMES (Mundart im Sauerthal), den N. FROMMES (Mundart der Stadt Diekirch), an den H. LORENZ (Mundart im Moselthal) konnte bis elo nach nët identifizéiert gin. Vlächet as de Joh. an den N. Frommes och een an dee selwechten?

— Et as nët ganz kloër, ob déi 2 Gedichter: d-geschicht vum verluerne son d-bauren an der ribott

déi sin, vun denen den F.J. Mone seet: «Ich besitze andere handschriftlich, die ich unten mittheile», well da wäer jo den Anton Meyer den Auteur dervun.

— Oder heescht de Saz: «Ich verdanke die Proben H. Gloden aus Eich in Luxemburg», datt hien den Auteur as? D'Foussnotiz am 1. Gedicht («Gl» bei der Foussnotiz Nr. 9), seet och nët, ob hien d'Gedicht geschriwwen huet, oder nëmmen de Kommentar geliwert huet.

— Dem Mone säi Kapitel: «Proben unbekannter Mundarten» misst also och zesumme mat deem engen oder anere vun dene 5 «Belsch-Lëtzebuerg» entstane sin. Säng orthographesch Regeln sin nët identesch mat denen am Anton Meyer sängem «schrek op de' Lezeburger parnassus» an och nët mat dem Gloden sängem «Gedichte und Fabeln... (7)

— D'Mondartprouwen vun de Parabele sin nët onbedéngt glécklech gewielt: op der enger Säit felen esou charakteristesche Sprochebeispiller wéi déi aus dem Eislek, vu Veinen, vu Réiden, aus dem Minett. Op der anerer Säit leien déi vun Dikrich an déi aus dem Sauerdall dach no beienän.

— Och sin déi enzel Texter weder konsequent nach komplett duergestallt: (Iechternach: mastkalw, màst-kallev) — (Museldall: birger, et misst dach bestëmmt «bërgcr» sin) asw.

— Et wir interessant, all dës Punkten genä vun engem Spezialist ënnersichen ze loossen, sou wéi och déi vill Archaismen (vucder, eng busigt...) an och d'Germanismen, déi et deemools scho gouf (t-chcbürt söch, antwort...).

— Eng synoptesch Analys géif munnech interessante Vergläich bréngen (den Iechternacher Text as dee kürzten). Wéi géifen dës Texter haut iwwersat?

— Et as alt erëm en Auslänner, deen sech deemools méi fir eis Sprooch interesséiert huet, wéi mir selwer.

— Zum Schluss kënne mer soen, datt an dësen nei entdeckten Texter nach genuch dran as, fir sech méi intensiv mat de fréie Spure vun eiser geschriwener Sprooch ofze-gin.

Bibliographie

- 1.) MONE, Franz Joseph. — Quellen und Forschungen zur Geschichte der deutschen Literatur und Sprache. Erster Band, erste Abtheilung. Aachen und Leipzig, Verlag von Jacob Anton Mayer, 1830.
- 2.) WELTFR, Nikolaus. — Mundartliche und hochdeutsche Dichtung in Luxemburg. Druck und Verlag der St.-Paulusgesellschaft Luxemburg, 1929, S. 73-75.
- 3.) HOFFMANN, Fernand. — Geschichte der Luxemburger Mundardichtung. Erster Band. Druckerei Bourg Bourger, Luxemburg, 1964, S. 228-229.
- 4.) WELTER, Jean. — Auf den Spuren des «Blannen Theis». Administration Communale, Grevenmacher, 1991, S. 60-61.
- 5.) GOEDEKE, Karl. — Grundriss zur Geschichte der deutschen Dichtung aus den Quellen. Neu bearb. Aull., Berlin, Akademie Verlag, 1964, Band 15. Herausgegeben von Karl Herbert Jacob, S. 510, 985-986. Kraus Reprint-Nendeln, Liechtenstein, 1978, S. 510 ff.
- 6.) WEIRICH, Fernand. — Chronik der Luxemburger Lyrik. Editions phi, 1984, S. 53.
- 7.) GLODEN, Heinrich (u. Hubert). — Luxemburgische Gedichte und Fabeln von A. Meyer nebst einer grammatischen Einleitung und einer Wortklärung der dem Dialekt mehr oder weniger eigenartigen Ausdrücke. Brüssel, bei Delevingne und Callewact, (1845?).
- 8.) GREGOIRE, Pierre. — Luxemburgs Kulturentfaltung im neunzehnten Jahrhundert. Verlag «De Frëndeskrees», Luxemburg, 1981. Druck der Sankt-Paulusdruckerei A.G., Luxemburg.

Pierre Posing

Eng gelunge Welt?

Ee Bluttseffer
hat an enger Tombola
ee Blutterguss
gewonn.

E Réi
eng glasklor
Baach.

E Kand
eng glécklech
Mamm.

Säi Frënd
e staarke
Papp.

Vum Häerz

Enges Daags es et em wéi e Fäil duerch
de Kapp geschoss.

«O vreck», huet e geduecht.

E war zimlech erféiert.

«D'Häerz as e Muskel, nondidjö!»

En huet sech erënnert,
dass en déi Zäit, wou en nët
méi regelméisseg Sport gemaach huet,
mat Muskelzerrungen
a suguer Muskelrëss
gehäit war.

Virdrun nët...

Eng amputéiert Equipe

D'Gemeng huet vill Aarbecht, dat wësse mir all,
Hir Leit sin all'nennen ze fannen.
Datt si sech mol drécken, da's selen de Fall.
Da wiren s'am Plange gläich hannen.

D'Equipe, déi den deegleche Pensum huet kritt,
léisst d'Aarbecht op kee Fall gär leien.
Dëslescht as nun ower eng bosseg geschitt,
duerfir gët et éierlech Zeien!

Do woare laanscht d'Strooss zwee jong Männer am Gaang
wéi wëll an dem Wues do ze wullen.
A kee konnt si zëssen, a batterer Saang,
hir Aarbecht laut Plang rofzespullen.

Deen een hat et Spuet. Hien huet domat e Lach
ganz déif an de Buedem gepuddelt.
Fir d'éischt hat e propper de Wues ausgestach.
Hei gouf nët eng Grimmel gefuddelt.

Deen aneren hat et bedäitend méi liich.
Séng Aarbecht woar d'Lach zouzeschëppen.
De Wues rëm schéin hannescht, exakt a gedücht,
an 't passt wéi den Deckel op d'Dëppen.

Dat Spillchen do foul engem Virwëtz dach op.
Verwonnert sot hien du zum leschten:
«Do hut dir zwéi Borschten en droleche Job.
Dir haalt wuel en aner zum beschten?»

Den Aarbechter äntwert: «Dat do as e Wank!
Mee wennst lech un aner Instanzen.
Mir sing eng Equipe. Mee ee Mann as krank.
– 't as deen, dee soll d'Bemercher planzen!»

R. Ludes 20.08.86

Rita Wennmacher

A Butschen

I

Zu Kautebaach, uewen an der Kéier un der Konstemerstrooss, gouf um Fnn vum vergaangene Joërhonnert en Haus gebaut. Dat war zu enger Zäit, wou sech nach keen Architekt ëm d'Opencesetze vun de Steng gekëmmert huet, mä wou en Haus an der muselfränkischer Traditioun gebaut gouf, esou wéi d'Elteren, d'Grousselteren an all déi Generatiounen virdrun hir Haiser och gebaut haten:

D'Hauser läit an der Mëtt vum Haus a geet op an e Gank. Riets a lénks vum Gank läit een Zëmmer. D'Fënstere vun dencn Zëmmeren sin deer ganz vuerwëtzege, si kucken op d'Strooss oder matzen an d'Duerf. Gemenkerlech lichen an dësen Haiser och nach zwee Zëmmer hannenaus, déi op de Gaart oder an den Hoff kucken. Eng schmucl Trap féiert uewenop, wou een dee selwechte Grondrëss erëmfënt. Fréier haten d'Leit vill Kanner, an esou ware genuch Schlofkummeren do, fir se all ënner ze bréngen. Dëst Kautebaacher Haus as méi kleng, deem felen de Gank an déi hënnescht Zëmmeren. Et läit mam Réck um Hank, et konnt sech nëmme breet ower nët déif maachen an huet dofir och keng Fënstere no hannenaus kritt. No gudder, aler Traditioun goufen d'Baussemaucré mat Schifersteng exakt en halwe Meter déck gemauert an den Daach och mat Schiferläch gedeckt. Fir d'Waasser huet e Pëtz virum Haus gesuergt, fir d'Hëtzt eng Kachmaschin an der Kichen a fir d'Geliits e puer Petrolskänkiën an e Schaf voll Käerzen.

II.

An dësem Haus goufen et fréier keng Kanner. Eng Koppel as dran al gin. Esou wäit d'Leit am Duerf sech haut nach drun erënnere kënnen, war et ëmmer déi selwecht al

Koppel déi dra gelieft huet, ënnen an der Kichen an an der Stuff, an uewenop huet se geschlof. De Mann hat un d'Kichen e klenge Stall fir eng Geess gebaut. Am Laf vun der Zäit hat en och nach e Juck drugekniwwelt an e puer Hénger gezillt. D'Fra hirersäits huet am Gaart vill Geméis gezillt, well déi zwee wollten esou onofhängeg wéi méiglech liewen. Fir e puer Su derbäi ze verdéngen, huet de Mann Coiffeur gespilt an an der Kichen de «Lekt» aus dem Duerf d'Hoër geschnidden. Dem Zivilregëschter no hate se och en Numm. Ma, wéi dat fréier esou an den Dierfer wor, gouf kee mat séngem héichoffiziellen Numm geruff, awer — an dat as alt erëm Traditioun — no dem Haus- oder Berufsnumm. Hoërschneiden huet do, gleef ech, fir en Numm ze kréien nët gegolt, awer d'Famill hat eng Geess. Du loug et kloër op der Hand: hei war een a Butschen.

III.

Wéi et a Butsche mat dem Alter crop a mat der Gesondheet erof goug, haten déi zwee sech vu Joër zu Joër méi geplot. Et war hinne ëmmer méi schwéier gefall, d'holz fir d'Kachmaschin erbäizeschlefen, de Gaart ëmzegruewen an d'Poretten aus dem gefruerene Buedem erauszehaen. Et gouf scho laang näischt méi ugestrach a näischt méi gefléckt. Duerch den Daach hat et ëmmer méi era gereent. Deen Ale konnt wéinst enger gebrachener Fënsterraut nët méi zu Fouss op Wolz trëppelen an hat alt probéiert, d'Lächer mat Säck zouzestoppen. Am Duerf krut en heiansdo emol eng Schappe Wees fir séng Hénger an e Puer al, awer warem Wanterschong, wann ëm Krëschttag en äisege Wand iwuer d'Koppe gepaff huet. Decken a Mäntel goufen hinne bruecht, awer et war ofzegin, datt et nët méi laang mat hinne kënn esou virugöen. Du

koum dee kale Wanter an der Mëtt vun dene fofzege Joren an de Pëtz as och nach zougefruer...

IV.

Dat éischt wat se op der Rumm mat hinne gemaacht hun, war se an eng Bidde waren Waasser zappen. Se goufen agesceft a geschruppt, se kruten d'Hoër an d'Neel geschnidden a goufen dunn a schnéiwäiss Better geluegt. Owes kruten se eng kräfteg Moolrecht, deer eng, déi Läif a Sçil zesummen hält. Ma dat hellt a wäisst Liewen hu si nët laang matgemaacht, si hu sech an d'eer steriler Welt nët méi gebuerge gefillt an hir ganz lues an heemlech Äddi gesot. Enges muerges waren si zesummen an enger Welt, vun deer een hofft, et wir eng besser.

V.

Et gët Físlécker Leit, déi gär an d'Stad kommen, di gär do akafen, sech e bëssen ëmkucken, eng Grätz klappen an dann owes och crém gär heem an d'Rou vun Norde fueren. Et gët Stater, déi gären d'Éislécker Bëscher trëppelen, a Rou un der Sauer féschen, eng gutt Hameschmier iessen, an déi dann och crém zefridden an erholl heem an de Stater Kaméidi fueren. Et as eben dat Anert, wat vun Zäit zu Zäit flott as. Et ergouf sech enges gudden Daags, datt eng Stater Familjen, déi vu Butschen nach ni eppes gehéiert hat, an nët emol wouss, datt se em dräi Ecker mat hinnen nach Famill war, un dat Haus koum. D'Eltere waren et kucken an hun owes am Familjekrees gefrot:

- Wat maache mer mat der Kautebaacher Ruin? Vun:
- Verklappt se!
- Rässt se of!
- Vergiesst se!
- Verschenkt se! Bis:
- Ma da maacht dach gläich e Musée draus!

waren all Menunge vertraueden. Decidéiert huet dunn (mir liewe jo zu Lëtzebuerg an engem Matriarchat!) d'Mamm vun der

Famill: — Doraus maache mir e Weekendhaus.

VI

Wou Kautebaach läit, weess jiddereen, deen an der Schoul opgepasst hat: Un deer esou trauereg bekannter Nordstreck, an zu Kautebaach hëlt een den Zuch fir op Wolz. Awer wéi kënnt ee mam Auto dohin? Du gouf emol fir d'éischt eng Stroossekaart em Rot gefrot. Je, se hun all de Wee dohi fond, a wéi se vrun deem stoungen, wat eigentlech en Haus sollt sin, soten se nëmme: — O méi! Déi, di nach nët aus der Schoul eraus waren, duechten: Qu'allaient-ils faire dans cette galère!

E Schluechtplang sollt opgestallt gin, awer et war un esou vill ze denken, datt emol d'éischt alles erausgeraumt an op der Wiss verbrannt gouf, wat nët méi ze gebrauche war. Déi gutt al Kachmaschinn, déi di al Leit nach um Liewe gehal hat, gouf kuerzerhand op den Tipp geféiert.

Zwéi Summere laang huet di ganz Famill — et waren iwwer eng Dosen Hänn — um Gebai geschafft, éier et erëm wéi en Haus ausgesin huet. Et huet alt emol e Radio an d'Landschaft gebläert, et gouf matgesongen oder gepaff. Awer ëmmer huet een am Hangergronn d'Klappe vun den Hummern an d'Jipse vun der See nach dätlech eraushéieren. Em d'Mëtteszäit gouf mam Geschir geklibbert, da souzen se allguer dobaussen an hu Gromperen aus dem Feier gekroopt, Kotletten driwwer geboden, scharf Zoosse geréiert a këmpweis Zalot ewechgebotzt. Dat huet der vläicht geschmaacht! Et koumen och richtig Handwierker hëllef: E Leëndecker huet dem Haus en neien Hutt aus rouden Zillen opgesat, e Steemetzer huet e Schapp an eng Terrass gemauert an e Schräiner koum eng nei Trap oprichten.

VII

Jo, de Schräiner! E koum ëmmer mat senger aler Hillman ugedämpft. Well de gudde Mann nët wouss, wéi laang a wéi breet säin Auto war, hat e sech un di véier Ecken esou

eng Zort Antenn montéiert. Uewen op denc Staange souz rouz Bëmmelcher; se hu wéi Réidercher ausgesin.

Déi Jonk hatc keng Gutt an der Kopp. (Och deemools schon nêt!). All Kéier, wann de Réiderchersauto koum, si se huerteg hanner dem Haus verschwonnen. Dann huert et nêt laang gedauert, bis di éischt Réiderche wéi op hirem Bengelchen hin an hir gedantz as. Kuerz drop krut och di zweet eng gewéitscht: Oing, oing, oing...

De Schräiner koum dann all Kéier gelaf, huert de Kapp geréselt a steif a fest behaapt, sän Auto géng dat elo jhust eleng nëmmen hei maachen. E kënnt dat nêt verstoen. Wéi e fort war, hat de Papp awer uereg gewiedert, en hat d'Bouwe mat der Loftbêchs hanner dem Haus erbléckst. De «Bouwen» hir Freieschen haten awer guer nâischt géint deen Training: e bësse spéider hu se sech um Härebiere e sëlliche Permissiounen zesumme geschoss! Der Mamm hir Rechnung gong op: Wéi d'«Bouwen» schon laang aus dem Haus, an hir Freieschen d'Mamme vun hire Kanner waren, hun di dräi Generatiounen sech dacks fir flott Weekender am Haus getraff. An d'Tamill as nêt ausernec geroden.

VIII

An dene siechzeger Jore gouf et en etlech kal Wënter, dee vu 66 op 67 war deen zwetschroosten. Am Éisléck waren am Februar d'Iwwerlandleitungen esou déck voll Râif, datt se ënner der Laascht vum Äis zesummegebrach sin. Zwou Woche laang huert d'Cegeedel Dag an Nuecht dru gefléckt. Iwwerdeems gouf nees mat Känkiën a Kärze geliicht a mat der gudder aler Kachmaschin gekacht. D'Kolonneniewen an d'Kachmaschinne waren op een Zock nees ganz gefrot. Ënner der Hand goufen se zu Antiquitéitspräisser gehandelt. Wee wëllt dann och schon aus Gäiz erfrieren, deen eng déck Mouk op der Raiffeisekeess huert? Enges Muerges, wéi di meescht Autoën zu Kautebaach nêt méi usprange wollten, huert de «Gros» (et war keen echten, en housch nëmmen esou!) am Eescht behaapt, zu Wolz hätte se an der Nuecht minus 40 Grad gemiess. Ma esou kal war et dach nach ni am Éisléck! - Zu Wolz as et ëmmer méi kal: minus 20 Grad zu Uewerwolz a minus 20 Grad zu Nidderwolz. - O, waart, Pätter, dir kritt äis nêt nach eng Kéier drun!



IX

Ween en Uewen ze stëppcle weess, well en a laange Joëre geléiert huet, sech am Norde vum Land ouni Stroum erëmzeklappen, deen as och beim «Grof» sänge minus 40 Grad nët um Erkalen. De Luc an de Gast, zesumme knaps 6 Joër al, hun een nom aneren däärfen e Scheet Holz an dat Hällefeier, dat d'Mamm ugestëppelt hat, geheien, bis datt et esou richtig schuckeleg waarm an der Stuff gouf. Di zwee Kleng waren domat beschäftigt ze léieren, wéi een eng Käerz mat Fixspün ufänkt. (et soll ee jo och di wichtigst Saache vum Liewen méiglechst fréi léieren!) De Papp war akafen, dat heescht, well et schon Öwend war, as en an de Bistro een huele gefuer, fir niewebäi do ze froen, ob nach e Brout ze kréie wär, an nach en halleft Pënnche Botter, vläicht och nach eng klinzeng kleng Zoossiss...

Am Haus do uewen an der Kéier huet et scho gutt no Ierzbulli mat Mettwurscht gericht an d'Feier am Kachelucwen iwveraus romantesch gekréckelt.

— Mamma, et richt nët gutt, mengt op emol de Luc mam Fixspoun am Grapp.

— Mäi Jong, ech hun d'Zopp jo schons laang vum Feier geholl. E puer Minutte méi spéit mellst en sech erëm:

— Mamma, et richt wiirklech nët gutt!! Et richt verbrannt!! Wéi d'Mamm nees eng Kéier an d'Kiche geet, fir sech ze vergewësseren, datt et nët d'Zopp as, déi ubrennt, gesäit se datt de ganze Plafang iwver dem Kamäin hellop a Flame steet. Dat also war dat romantesch Gekréckels! Keen Noper, keen Telefon, keen Auto! D'Situatioun war ganz einfach: «Suerg fir déng Kanner, läsche kanns de nët.» E puer Minutte méi spéit souzen di dräi gutt warem ugedoën an an Decken agewéckelt virun der Dir op der Walliss. Eng Diesellock huet mat fürchterlichem Kaméidi e laangen Zuch duerch den Tunnel gezun an du gouf et onheemlech roueg ronderëm se. Jhust d'Kréckele vum Feier gouf ëmmer méi haart, an d'Loft as

ëmmer méi huerteg duerch de Kamäi gedesch...

X

Am Café goug et héich hir. De Jhang gouf séng Spiichten zum beschten, den Néckel wouss et besser, d'Hollänner hu sech nach eng Limonad bestallt, wat di aner all laache gedin huet. Grad wéi de Rën di Neitst erziele wollt, gët d'Dir opgerappt an eng opgereggt Stëmm brëllt:

— Do uewe brennt en Haus, dat an der Kéier! Mir si grad mam Auto laanscht gefuer. Eng hallef Sekonn laang war alles roueg, du goug et lass:

— Méng Fra! Méng Kanner!

— Zaapt Waasser, sicht Aaxten, de Plafang muss opgeschloë gin, dajee!

De Pierre spréngt an den Auto a schéisst doropper, datt d'Spiken hanner de Rieder Fonke schloen. E Puer Minutte méi spéit kommen och di aner Autoën un, mat vill Waasser an Handwierksgeschir.

— De Pëtz! Wou as e Seel? D'Emeren heihin! Pass op mat der Piosch! Ewech do!

Matenee geschafft, duerchernee gebrëllt. Zwou Dosen Hann paken un. Emerweis flitt d'Waasser an de Plafang, op een Hoër no war d'Zopp och dra gelant.

XI

Op den Dëscher stoungen d'Gliesser, vu bal ganz voll bis bal ganz eidel. An den Äschentelleren hun nach Zigarette gedämpft. En etlech Portefeuille loungen dorueter, vu Leit, déi jhust bezuele wollten. Zwéi Paltongen houngen un de Still, an e puer Still waren emgestouss. Kee Mënsch war méi an der Stuff, se waren all mat doropper hëllefe gefuer.

D'Mamm huet d'Wiirtsfra an der Kiche fond. Et huet kee méi brauche vill ze soën. Véier Better goufen opgezun, di zwee Kanner berouegt, gefiddert a schlofe geluegt. Bis Hallefnuecht gouf do ucwe gläsch, och alt emol den Dusch. D'Mamm hat, wéi

d'Kanner geschlof hun, e Kajho dorop geféiert. Bis laang no Hallefnuecht huet d'Feier ëmmer nees probéiert op enger anerer Plaz unzegoen. Et gouf eng kucz Nuechtrou.

XII

Muerges beim Kaffi gouf op d'Eltere gewaart. Si waren owes spéit nach avertéiert gin, datt de Kamäin «e bësselchen zevill gutt» gezun hat. Se woussten awer nach nët, datt e Baufeler um Brand schold war.

De «Grof» souz schon crëm beim Greechen an huet di jonk Koppel mat denen zwee léiwe Kanner vu ganzem Härcz bedauert.

— Kanner, sot en, ech hoffe fir iech, datt et nët ze schro gët!

D'Eltere koumen an houbeschter Laun. Se hun en Aarbel voll Zeechnungen ausgepaakt a stolz hir Aarbecht vun der leschter Nuecht op den Dësch geluegt. Nach éier se de Schued gesin haten an ermicse konnten, wat alles misst nei gemaakt gin, hate se schons um Pabeier dat ganzt Haus ëmgebaut.

Méi spéit stoung se vrun dem Koup verbrantem Holz an hu sech gefrot:

— Ma woufir koum dann deen Auto nët eng hallef Stonn méi spéit?

Déi Jonk dogéint hu sech iwwer eppes aneshtes gefreet:

— Flo kënnt geschwënn erëm de Réiderchcsauto!

XIII

Dat hei as nëmmen e klengen Nospan: Di zwee léif Kanner hun d'Schéisstalent vum Papp géierft a sin haut Jëer. Si kënnen enger Méck den Hut erof schéissen. Nëmme schued, datt et clo keng Hillman méi gët.

Robert Siuda

Klengegketen

Déi Hoffnung bleift

Wien um haalwe Wee oppët,
deem bleift de Succès vläicht verwiert...
vläicht huet e sech op der Mëtt
och nëmmen d'Halschent géiirt.

Realitéiten

Wann et dem Schöpfer gefällt,
kënnt een am Wuelstand op d'Welt,
mä gare la Box fir déi grouss Mass,
déi nët bei séngé Fiffiën as.

D'Aussiicht

Kleng Suë maachen décker
an déi Frangen
an déi déck Stécker,
da kann ee plangen.

Kee Kammouten

Gët den Aarmutt Meeschter am Haus,
da geheit en de Verstand eraus,
den Honger gët Chefkach...
an den Amor sicht d'Lach.

Wourécht

Huel der fir dat Wuert eng Weil !
Schreif et an eng gëllen Zeil !
Stell et grouss an déng Vitrin !
'T soll der ëmmer Upak sin !

Den Erfolleg...

... spaant dech u säin Täissel
an dreift dech mat der Gäissel
an 't as em dann 'sou laang wi breed,
wi wéi s'um leselsbockel deet.

† Vic. Robert

Schëfflénger Spiichten an Tricken

Den Usträicher Pïirchen

Fir d'Kiirmes huet de Pïirche bei Gaaschte Gréit de ganze Rcz-de-Chaussée frësch gemaacht. Wéi de Pïirche mat der Rechnung koum, war d'Gréit verwonnert, datt et esou bëlleg ewech komm war, an et huet mam Pïirchen e puer Äppelger gedronk. D'Gréit war bekannt fir eng gespréicheg Gevuedesch, an 't huet dem Pïirche vun Doud an Däiwel verzielt. Op eemol sot et: «Här Pïirchen, wann Der e bëssen Zäit huet, da géngt Der mat an eis Schlofkummer, da weisen ech Iech wuer mäi Mann ëmmer d'Hand leet». De Mann war Minettsaarbechter an hat déi rout Patten nët ëmmer propper. De Pïirchen duecht, jidderengem säi Goût, an do sot en: «Gréit, gitt mir léiwer nach eng Drëpp».



Dem Buurgermeeschter séng Ried

All Duerf huet säin Nicki, a Schëffleng hat säin Nuckles. Den Nuckles hat d'Primärschoul gutt hanneru sech bruecht a mat 18 Jor war e scho Präsident vum Jünglingsveräin. Et war e gefällege Jong, deen all Mënsch ze Gefale gong. Ganz jonk scho gouf en an de Gemengerot gewielt an en hat d'Chance ganz jonk och Buurgermeeschter ze gin, an en as all Mënsch ze Gefale gaangen. Wann en eng Ried konnt halen, dann as d'Broscht em geschwolle vun Houfert an den hallef roude Buuscht stong da riicht an d'Luucht. Wéi de Gesangveräin, d'Chorale municipale, kurz virum Krich vun engem Concours vun Nanzeg mat denen héchsten Auszeechnungen heem koum, huet den Nuckles si op der Trap vum Veräinslokal empfaangen. D'Musck, d'Pompjéen an d'hallef Duerf wor op de Been. Alles wor

gespaant op dem Buurgermeeschter séng Ried. Den Nuckles huet nët genuch Wieder fond, fir de Veräin mat séngem dichtegen Dirigent, den Här E. Dornseiffer, ze luewen. A fir zem Schluss ze kommen, sot en: «Nujee, dat wat eis Choral haut geläascht huet, dat war ënner aller Klarinett».



De schwaarzen Hary

De schwaarzen Hary, e Jonggesell, huet zu Esch bei Kettemeyesch Jack als Zimmermann geschafft. E war zu Schëffleng bei der Witfra Prommeschenkel a Kascht a Logement. Prommeschenkels Lis hat fir den Hary eng schéin al eeche Schlofkummer op enger Stee op der klenger Plaz gestect. Den Hary, deen eppes vum Holz verstanen huet, hat no der éischer Nuecht festgestallt, datt d'Kummer voll Wandlais wor. D'Liss war ewéi kee Mënsch a wosst sénger Hänn kee Rot. Den Hary sot: «Gitt bei Schons Justin zwéi Liter Petroll kafen, domat kréien ech s'ewech». D'Lis leeft direkt op de Petroll lass, däerbans huet den Hary d'Schlofkummer an de Gaart geschleeft. D'Lis koum mam Petroll an den Hary huet gläich mat séngen Zeremonien ugefaangen. E schëtt de Petroll iwuer d'Kummer, e Fixspoun drënner, an et huet geflaamt. Den Hary huet gelaacht, an d'Lis huet fir séng schéi Kummer gejëmert a gekrasch. «Gesitt Der», sot den Hary, «esou einfach as dat, lo bleift keng». En as vu sénge Suën bei de Schräiner Bofferding eng nei Schlofkummer kafe gaang — an en huet roueg schlofe kënnen.

Gil Mandy

Déi kleng Hex Finnchen (II)

Fortsetzung aus der Nummer 31

O Mammelikanner! Wat wor dat en Zodi. Op en Hoër wir et zu engem schrecklechen Hexekrich komm, a wann nët deen alen Hexemeeschter vun heiheem sech perséinlech ageméscht hätt, fir dem Sträit en Enn ze maachen, wie wéss wat alles hätt kënne geschéien a besonnesch wat mam Finnche geschitt wir? Virum internationalen Hexerot huet den alen Hexemeeschter d'Finnche verdedegt a sot zum Schluss vu sénger Ried: «Ma et as dach nach e Kand an et huet et nët express gemat.» — D'Hexen hun dann och op déi uergst Strof fir eng Hex, d'Exdiabolisation, verzicht. Mä...virum der ganzer Hexeversammlong krut d'Finnchen e pechschwarz Kräiz op d'Stir gemoolt, op all Hand siwe Pouten an op de plakegen Dokes siwe Streech mat Pällemreiser, déi all Kéier virdrun a geklautent Wäiwaasser gezappt goufen. D'Hexekanner hun sech énnert denen alen hirc fatzege Räck verstoppt, fir nët esou eppes Grujheleges brauchen nozekucken, an déi Al, déi jo ower esou muenches gewinnt woren, hun sech geschuddert. D'Wäiwaasser huet dem Finnchen ower och absolutt näischt gedoen: et huet nët gebass a nët gebrannt, am Konträr. A wann dem Finnchen och d'Tréinen d'Baken erof gelaf sin ewéi eng Baach, da wor dat nëmme well et geduecht huet et géif nach laang, laang daueren bis hatt eng richtig Hex wir. Et wor nëmme ee Gléck, datt d'Hexen esou laundenhaart gejaut a gebirelt hun, wann d'Drëpse vum Wäiwaasser duerch d'Luucht geflu sin, well duerfir konnten si nët héieren, datt d'Finnchen nët haart gejëimert a gewëimert huet. Soss wir et ower exdiabolisiert oder a Stécker gerappt gin. Als Bäluengt krut et fir Strof siwenansiwenzcg Mol ze schreiwen: «Hexidrecks Däiwelszopp,

ech passen nächstens besser op!» Mä, wat hat d'Finnchen dann nees siwenansiwenzcg mol geschriwen? «Dreckeg Hexendäiwelszopp, ech fleten iech ganz gären drop!» Och ee Gléck, datt d'Hexejoffer nët nogelies huet. Et goug hir duer, datt se gesin huet wéi äifreg hatt geschriwen huet, an si huet och geduecht hatt wir genuch gestrooft mat deem schreckleche Wäiwaasser. Fir déi Kéier hat et sech dann domat gedoen, mä et goug nach laang Rieds dervun, a wann eng grouss Hex eng kleng wollt fäerten doen, dann huet se nëmme brauchen ze soen: «Wann s du elo nët geschwënn dreckeg a queesch bas, da geet et dir wéi dem Finnchen!»

Den alen Hexemeeschter hat sech ower virgeholl d'Finnchen am A ze behalten, well hie konnt sech mam beschten oder schlechteste Wëllen nët virstellen, datt aus deem schéine gudde Finnchen eng ellen a béis Hex kënnt gin. Hien huet eppes vun de Fraleit verstanen (soss wir e jo och ni Hexemeeschter gin) an en duecht bei sech: «Am Fong geholl wir dat jo och eng kräizdäiwel verdaamte Sënd an eng Schan (gesitt der), well dat Krappegt do gët sénger Liewe keng schro Hex. Dat as a bleift eng Kickelhex. Ech muss kucken, datt mir him lass gin. Well ee faulen Apel stécht honnert anerer un, an dat wir eng Gefor fir eisen Hexeveräin.» — Dem Finnche säi Gekickels hat iirgend eppes a séngem Häerz un d'Wibbele bruecht, wat do scho laang, laang geschlof huet. Hexe kickelen dach nët. Denen hiirt Laachen as eppes Grujheleges dat engem duerch Muerch a Schank geet, datt d'Hoër engem zu Bierg stin an, datt d'Héngerhaut engem ausgeet. — Fir et rüchtersaus ze soen: den alen Hexemeeschter hat, ouni et ze wëssen oder et an ze gestoen, en Af um Finnche gefriess.

An du wor et op cemol crém un der Zäit wou mat de Prouwen ungefaange gin as, fir de groussen Hexbal zu Koppescht. Den alen Hexemeeschter, dee viru laanger Zäit emol e berimnten Solodänzer vun engem nët manner bekannte Ballet wor, huet d'Prouwe geleet. Hien huet denc jongen den Danz bäibruecht an déi Al nees op den Trapp kritt. Well den Hexendanz, musst der wëssen, dat as keen einfachen Danz. Bei deem mussen d'Hexen déi verrécktest Spréng an déi ruckelzegste Geste maachen. Si geheien déi laang, gouereg, plakeg Been an d'Luucht esou héich wéi et geet, si hiewen de Rack an de Läpp hannen a vir bis iwwert de Kapp, an dobäi dongen se fürchterlech an onmënschlech Kreesch. Wann se nët grad jäizen a birelen, da sungen se: «Piff a Mëscht a Kazeschass, Satan gët äis dees a Mass!»

D'Finnchen huet sech drugin, datt et geschweesst huet wéi eng Sängerin, mä et gouf näischt Hexemeisseg. Amplaz de Läpp an d'Luucht huet hatt en op de Buedem gezun, amplaz wéi wëll ze sprangen an ze hopsen, hu séng Féiss a séng Been hatt iwwert de Buedem gedroen a gedréit wéi wann et géng schwiewen. Aus séngem Mond koumen, natiirlech, keng grujheleg Kreesch, mä Kolorature wéi vun engem Doumspatz. Den alen Hexemeeschter, deen d'Finnche gence observéiert hat, huet a séngen ale Wueden e laang nët méi erlieft Kribbele gespiirt, a séng laang dënn Ärem hätten am léifsten, wann et méiglech gewiescht wir a wann se nach Kraaft genuch gchat hätten, am léifsten d'Finnchen an d'Luucht gehuewen an et op den Hänn am Krees ronderém gedroen a mat him gedantz, sou wéi deemools an der «Rouder Millen». Sou wéi deemools, viru laanger Zäit, wéi hien nach e schmocken an dichtegen Dänzer wor. Mä elo wor en och sécher, wat en ze maachen hätt. No der Prouf huet hien d'Finnche bei sech geruff a sot zu him: «Mäi léift Finnchen, du bas hei op der falscher Plaz. Du gës ni an nëmmer eng richtig ellen a béis Hex, mä eng léif Hex bleifs du däi Liewe laang. Eng Kichelhex, déi d'Männer

verréckt mécht an si ëm de Fanger wéckele kann. Lauschter mir elo mol gutt no an hal op mat deem himmelkräizdäiwel verdaamte Kräischen a Blären. Do gesäis de jo selwer, datt s du keng richtig Hex bas a gës. Well d'Hexe kënnen nët kräischen. Du gees och mat op Koppescht danzen, mä nët mat äis op den Hexbal. Zu Koppescht as deen Owend e Pompjesbal, an op dee gees de. Do kanns de op déng Manéier sängen an danzen a sprangen. An du wärts gesin, datt s de trotz allem e puer kleng Hexentricke richtig verhalen hues, déi dir däi Liewe laang profitéieren an dir virun hëllef wäerten.»

D'Finnchen huet nach siwe Minutte laang gekrasch, an dunn huet et sech déi lescht Tréinc mat séngem propperen Nuesschnap- pech ofgebotzt. Hatt wouss och elo gence a wat et scho laang ganz déif bei sech dobanne gespiirt hat, datt den alen Hexemeeschter recht hat. Deen huet him nach eng Zäitchen an d'Ouer gepëspert. (Wat hien dem Finnchen heemlech an d'Ouer gesot a geroden huet, därf ech natiirlech nët hei verroden, mä dir kënt iech et vläicht denken). Et muss ower och alt muenech Lëschteges derbäi gewiescht sin, well op eng Kéier konnt d'Finnchen nees häerzhaft laachen.

Wéi den Dag do wor, as hatt owes mat no Koppescht op de Pompjesbal gaangen.

Elo frot dir mech wéi et mam Finnche wei- der gaangen as? Mä huet dir nach ni eent vu sénge Kanner a Kandskanner begéint? Ech jo, an nach ewell méi wéi cent.

Tom Thies

Erënnerungen un d'Vakanz bei de Grousselteren (IV)

Dem Issi säin Theater op dem Grénge sénger Mëscht

Wéi do den Heng an ech ëm den Eck gebéit sin, vu wou aus een d'Haus vum Grénge konnt gesin, hu mer gemengt d'Häerz misst äis sto bleiwen. Matzen um Mëschtékoup sutz op engem Stull, dee soss viru Grénge hirer Wiirtstuf stung, den Issi an huet an aller Gemittsrou d'Päif vum Sceller-Méchel gefëmmt, iwwerdeems Grénge-Märi mat engem zerguttstert décke Knëppel rondrëm de Mëschtékoup gelaf as, an den Issi mat nët grad kathoulesche Wieder bluegt huet, aus denen awer erauszehéiere wor, datt hiren Nuckes stierweskrank am Bett géng leien. D'Märi huet esou haart gejaut, datt och den Här Paschtouer an den Hugo et héieren haten, an erbäi gelaf sin.

Mat enger Souveränitéit, déi nëmmen en Duerfpaschtouer vun deemools konnt hun, as den Här Paschtouer, gestäipt vun séngem Neveu, dem Hugo, op de Mëschtékoup geklomm, dee schéin héi, voll vu Kéi-, Päerds- a Schwéngsmëscht wor, fir de sënnegen Issi erafzehuelen. Lues a virsiichteg as en op den Issi, deen nach ëmmer d'Päif am Gesiicht hat, zou, iwwerdeems ëm déi fléseg Mëscht an déi schéi gewichste Schong gelaf as. Wéi do den Här ëmmer méi no kouw, as et dem Issi baang gin. Onsécher, wéi en ëmmer bei alles wor, wär en am léifsten opgesprongen a fort gerannt. Awer, et hate sech schons eng etlech Duerfleit afond, fir deem Spaass nozekucken. Déi huet den Issi méi gefaart wéi den Här: an dann —



Grénge-Märi mat dem Knëppel! Schei huet den Issi ëm sech gelusst, huet no engem Lach gesicht, fir vum Mëschtékoup eraf, op deen e sech verdréckt hat, fir dem Märi, sénger Roserei an dem Knëppel ze entgoen. Ower elo wor keen Auswee ze gesin. Abee, huet den Issi geduecht, da bleifs de ebe wou s de bas; huet sech erëm an de Stull gedréckt, fir op dat ze waarden, wat do sollt kommen.

«Ici Här, hei huet Der de Knëppel, fir deem Näischnotz do séng topeg Naupen auszedriwcn», huet Grénge-Märi dem Här geruff, an ëm de Knëppel, mat deem een hätt e müttelschwéieren Ochs ëmlecn, zougeworf, deen den Här awer ignoréiert huet.

Knapp nach e Meter stungen den Här an den Issi vun cneen ewech, wéi den Här d'Hand no der Päif ausgestreckt huet. Den Issi huet an d'läsch gegruff an e Päckchen Tubak eraus gezun, deen nach hallef voll

wor, an huet gemect, wéi wann en dem Här Paschtouer dee wëllt dohinner reechen: Tréine sin em derbäi iwwer d'Bake gelaf.

Wéi eisem Frënd Hugo säi geeschtleche Monni gemengt hat, en hätt elo den Tubak mat der Päif am Grapp, huet den Issi, sou séier ee kucke konnt, crëm alles a sénge Boxentäsche verschwanne gelooss, huet de Stull, op deem e gesiess hat, erwëscht an, a Broschthéicht, rondrëm sech geschwenkt, sou datt den Här Paschtouer sech huet musen ewechzén, as vum Mëschtékoup erafgesprong a, wéi deen Dag virdrun, wéi de Baunjhamper hannert em wor, an d'Kiirch gelaf, an deër en säi «Parfüm» verbreet huet.

Déi virwëtzig Leit rondrëm wore paff. Alles huet op d'Kiirch geluusst, deen aarmen, dapere Kiirchemann, deen nët cleng vum Mëschtékoup komme konnt, war vergiess, sou datt en huet muss ruffen: «Jhang, Pir, hei paakt emol eng Hand un!!» Se hun ugpaaht, an den Här gouf vun der Mëscht, iwwer de Piff, op d'Strooss gehuewen. Et konnt ee beim beschte Wëllen nët behaupten, datt en elo besser geroch gehat hätt, wéi den Issi. Bei all Schratt op d'Parhaus zou, hu séng Schong, aus beschtem Lieder, gequitscht an déi flësseg gréng Koumëscht as craus gelaf.

Dee klenge blechen Hugo wosst nët, ob e séngem Monni, deen elo guer nët méi sou geeschtlech gewirkt huet, sollt no goen oder

nët. Well de Monnk nët extra ordonnéiert hat, e misst mat heem, as en dann du bei äis bliwen.

Den Akt mam Issi wor eriwwer. D'Bauern, déi schwéier op der Gewan geschafft hun, fir d'Kuer ënner Daach ze kréien, hu sech ver-zun. Och de Gréngen hat säi Märi mat ënner Daach geholl, d'Schauspiller wore vun der Bühn, den Theater wor aus. Dat wor och gutt esou, well mär Bouwe wollte jo bei den Issi an d'Kiirch.

Fir d'éischt hu mer äis emol un d'Leicht an der Kiirch gewinne mussen. Mä vum Issi wor, ausser enger Mëschtspur, bei d'Fenster vun der Sakristei, aus där den Issi verschwonne wor, näischt ze gesin. Sou vill mer och gesicht hun, dee ganzen Dag iwwer wor den Issi néierens méi ze gesinn. Séng Aangscht iwwer säi Courage wor esou grouss, datt en sech enzwousch verkroch hat, fir den Owend ofzewaarden. Wéi et dun däischer wor, as e séier bei de Leydeschbauer, wou e säi Bett hat. Vum Leydeschbauer hun d'Leit gesot, hien wär dem Issi säi Papp, séng Mamm wär déi laang verstuerwe Mod Jenny gewiescht. Ob dat gestëmmt hat — wie weess dat nach haut, wie wëllt et haut nach wëssen?

Iwregens, och den Här Paschtouer huet sech de ganzen Dag iwwer nët méi gewisen, et huet em elle gewullt, datt dee blöden Issi en esou crageluet hat.

Hut Dir dru geduecht . . .

*an Är Cotisatioun vu 500 Frang
fir 1992 bezuelt?*

(Wann Dir keen «Ordre permanent» hut.)

Wann nët, dann iwwerweist d'Suë

wann ech glift op ee vun eise Konten:

Postscheck 6644-48

Spuerkeess 100/7250-1

BIL 4-100/9748

Mir soën lech merci!

Dem Paulus säin éischte Bréif un d'Korinther

D'Actioun Lëtzebuergesch huet vum Pol Rassel eng Iwwersetzung vum Paulus sänge Brëwven un d'Korinther kritt, déi den Dieter Zimmer, Saarlänner, gemaacht huet. Muss een net den Autor bewonneren, deen, net nëmmen d'Lëtzebuurger Sprooch, mä och d'Schreifweis geléiert huet?

Iwwersiicht

| | |
|---|-------------|
| De Paulus gréisst a seet Gott merci: | 1, 1–9 |
| De Mëssel an der Gemeng soll iwwerwonnen gin: | 1,10– 4,21 |
| E schwéngzegt Liewe soll net gelidde gin: | 5, 1–13 |
| D'Gleweg sollen net matenance viru Geriicht goen: | 6, 1–11 |
| Wéi de Kierper gebraucht soll gin: | 6, 12–20 |
| D'Bestietnes: | 7, 1–40 |
| Wéi d'Gleweg mam Gëtzenaffleesch emgoë sollen: | 8, 1–11, 1 |
| D'krëschtlech Gemengen an d'Moolrecht, déi den Här agesat huet: | 11, 2–34 |
| D'Fäegketen, déi den Hellege Geesch schenkt: | 12, 1–14,40 |
| D'Operstéiung vun den Doudegen: | 15, 1–58 |
| Neiegketen a Gréiss vum Paulus: | 16, 1–24 |

De Paulus gréisst a seet

Gott merci: 1,1–9

1,1 Dëst schreift de Paulus, deen duurch de Wille Gottes zum Apostel vu Jesus Christus beruff gin as, an de Brudder Sosthènes. — 2 Mir schreiwen un d'Gemeng Gottes zou Korinth, un d'Leit, déi an der Gemeinschaft mat Christus Jesus helleg gemaach an dozou beruff gi sin, fir helleg ze sin. Mir schreiwen och un alleguer déi, déi den Numm vun eisem Här Jesus Christus u wat fir enger Plaz och ëmmer uruffen^A. Hien as hiren Här an eisen Här.

3 Gnod a Fridde vu Gott, eisem Papp, a vum Här Jesus Christus sief mat icch!

1: Apg. 18, 17; Róm. 1 * 2: Apg. 9,14y; 18,1–17; 1. Kor. 6,11

Merci fir de Sege vum Evangelium

4 Ech soë Gott ëmmer merci fir iech. Wéinst der Gnod Gottes, déi dir an der Gemeinschaft mat Christus Jesus kritt hut, maachen ech dat. — 5 Duurch Christus sid dir nämlech an alle Stécker räich gemaach gin, an aller Léier an an aller Erkenntnes. — 6 Eist Zeechnes iwwer Christus as fest an iech verankert gin. — 7 Dofir feelt et icch u kenger Fäegkeet, déi de Geesch Gottes schenkt. Dir waart nëmmen dorop, datt eisen Här Jesus Christus offenbar gët. — 8 Deen erhält icch och fest bis un d'Enn, esou, datt dir um Dag, un deem den Här Jesus Christus erëmkënnt, ontadeleg sid. — 9 Gott as nämlech trei, duurch deen dir zur Gemeinschaft mat séngem Jong Jesus Christus, eisein Här, beruff gi sid.

5: 2. Kor. 8,7 * 6: Apg. 18,5 * 7: 2. Thess. 1,7; Tit. 2,13; 2. Petr. 3,13–14 * 8: Phil. 1,6,10; 1. Thess. 3,13 * 9: 1. Kor. 10,13; 1. Thess. 5,24

De Mëssel an der Gemeng soll iwwerwonnen gin: 1,10–4,21

Trennungen an der Gemeng

10 Bridder, ech leën iech am Numm vun Eisem Här Jesus Christus un d'Häerz: Sid alleguer eens an huet keng Trennungen ënnert iech! Haalt villméi an engem Geesch an an enger Menong unenee fest. — 11 Ech hun nämlech duurch d'Leit vun der Chloë vun iech héieren, datt et Sträit an ärer Mëtt gët, méng Bridder. — 12 Ech méngen dëst, datt ënner icch deen ee seet: «Ech gehéieren zum Paulus», an den aneren: «Ech zum

^A) Oder: un d'Leit, déi an der Gemeinschaft mat Christus Jesus helleg gemaach an als Helleg mat all denen, déi den Numm vun eisem Här Jesus Christus u wat fir enger Plaz och ëmmer uruffen, beruff gi sin oder am leschten Deel vum Vers: déi – u wat fir enger Plaz och ëmmer – den Numm vun eisem Här Jesus Christus uruffen.

Appolos». Een drëtte seet: «Ech gchéieren zum Kephas»^B an e véierten: «Ech zou Christus».

13 As Christus dann zertrennt? As de Paulus fir ich gekräizegt gin? Oder sid dir op den Numm vum Paulus gedeeft gin? — 14 Ech soë Gott merci, datt ech kee vun iech gedeeft hun ewéi nömme de Krispus an de Gajus. — 15 Et soll kee soen, dass dir op mäin Numm gedeeft gi sid. — 16 Ach jo, och hun och nach d'Famill vum Stephanas gedeeft. Doriwwer craus wësst ech awer nët, datt ech nach aner Leit gedeeft hätt. — 17 Christus huet mech nämlech nët geschéckt, fir ze defen, mä fir d'Evangelium ze priedegen. Ech soll et nët mat geschéckt Wieder verkënnen, fir datt d'Kräiz, un dem Christus gesturwen as, séng Kraaft nët gcholl kritt.

10: Réim. 15,5; 1. Kor. 11,18; Phil. 2,2 * 12: Joh. 1,42; App. 18,24–27; 1. Kor. 3,3–4 * 14. App. 18,8; Réim. 16,23 * 16: 1. Kor. 16,15,17 * 17: App. 9,15.

Christus as d'Wäisheet an d'Kraaft Gottes

18 D'Botschaft, déi vum Kräiz handelt, as fir d'Leit, déi verluer gin, eng Dommheet. Fir eis, déi mir gerett gin, as se awer eng Kraaft Gottes. — 19 Et steet nämlech geschriwwen: Ech zerstéieren d'Wäisheet vun denen, déi gescheit sin, an de Verstand vun de Verstännege verwerfen ech^C.

20 Wou sin d'Leit, déi gescheit sin? Wou sin d'Schrëftgeléiert? Wou sin d'Mënsche vun dëser Welt, déi diskutéiere kënnen? I huet Gott nët d'Wäisheet vun dëser Welt zur Dommheet gemaach? — 21 Well d'Welt durch hir Wäisheet Gott a sénger Wäisheet nët erkannt huet, huet et Gott gefall, durch d'topeg Priedegt déi Mënschen ze retten, déi doru glewen. — 22 D'Jude verlaangen Zeechen, an d'Griiche froen no Wäisheet. — 23 Mir awer priedegen de gekräizegte Christus. Fir d'Juden as dat eng Ursach fir hafteg ze gin, a fir d'Griichen as et eng Dommheet. — 24 Denen awer, déi beruff gi sin, de Juden an de Griichen, priedege mir Christus als Kraaft Gottes an als Wäisheet Gottes. — 25 D'göttlech «Dommheet» as

nämlech méi geschit wéi d'Mënschen, an d'göttlech «Schwaachheet» as méi staark wéi d'Mënschen.

26 Bedenkt är Beruffong, Bridder: Nët vill Leit vum mënschleche Standpunkt aus gesinn^D, nët vill Gewaltig, nët vill Nobel si beruff gin. — 27 Gott huet villméi dat erwilt, wat topeg virun der Welt as, fir d'gescheit Leit an d'Schimt ze bréngen. Wat virun der Welt schwach as, dat huet Gott erwilt, fir dat an d'Schimt ze bréngen, wat staark as. — 28 Wat virun der Welt nët nobel as, wat veruecht gët a wat näischt as, dat huet Gott erwilt, fir dat ze Schan ze maachen, wat eppes as. — 29 Viru Gott soll sech kee Mënsch bretze kënnen. — 30 Duurch hie sid dir mat Christus Jesus verbonn. Gott huet Christus fir eis zur Wäisheet, zur Gerechtegheet, zur Hellegong an zur Erléi-song gemaach, — 31 fir datt et esou geschitt, wéi et geschriwwen steet: Wie sech bretze wëllt, déi soll sech mat deem bretzen, wat den Här gemaach huet.^E

18: Réim. 1,16; 1. Kor. 1,23–24; 2. Kor. 4,3 * 19: Ps. 33,10; Jes. 29,14 * 20: Jes. 19,12; 33,18; 44,25; Matt. 11,25; Réim. 1,22; 1. Kor. 3,19 * 21: Matt. 11,25 * 22: Matt. 12,38; Joh. 2,18. 4,48; App. 17, 18–21 * 23: App. 17,32; 1. Kor. 1,18; 2.2.5.14; Gal. 5,11; Kol. 2,3 * 25: 2. Kor. 13,4 * 26: Joh. 7,48; Jak. 2,1–5 * 29: Réim. 3,27; Eph. 2,9 * 30: Jer. 23, 5–6; Matt. 20,28; Joh. 17,19; 2. Kor. 5,21 * 31: Jer. 9,22 * 23; 2. Kor. 10,17.

B) En aneren Numm fir de Péitrus.

C) Jesaja 29,14

D) vum mënschleche Standpunkt aus gesinn oder wiertlech: dem Fleisch no oder: nom Fleisch.

E) Jeremia 9, 22–23. Oder: Wie stolz wëllt sin, dee soll op den Här stolz sin.

René Kartheiser

Den Ënnerscheid

Bei eis – zu Konter –
 as et nët wéi an der Stad,
 wou een deem aner gläicht
 well s'alleguerte friem sin.
 An der Stad do gët et «Leit»
 30.000 – 50.000 – an nach méi.

Bei eis nët:
 do as de Jhoss, de Jhoss,
 an den Heng, den Heng,
 an d'Lisi as d'Lisi,
 a keen anert.

Du weess, ob se hir Séil
 an der Rei hun oder nët;
 du weess wéi grouss Spréng
 si maache kënnen,
 a si wëssen et och vun dir.

An der Stad wir den Tell
 en Hond, deen hannert
 engem Mënsch lääft;
 bei eis as dat anescht:
 den Tell as e Kolleg,
 deen dir Bonjour soe kënnt,
 wann s de laanscht gees.

A wann ee begruewe gët
 an d'Pussi wëllt matgoen,
 da stéiert dat keen;
 si gehéiert derzou:
 fir wat och nët.

Wann d'Stater bei eis op Besuch kommen,
 dann di mir hinne leed.

«Wat en Nascht!» so se,
 an zéien d'Schëlleren an d'Lut.

«Jongen, loosst lech eent soen:
 En Nascht as eppes dat waarm hält,
 wou et mockeleg an heemlech as;
 bei eis lääft keen doruechter
 wéi e verluerent Schof.

Wa mir no lénks oder riets aus
 dem Duerf erauskucken,
 gesi mir d'Stären.

A wat gesitt dir?
 Elektresch Luten, Reklammen,
 Fënsteren, déi nëmmen denen
 eppes verspriechen, déi d'Täsche
 voller Suen hun.»

Dir wëllt nët mat mir tauschen
 ech och nët mat lech . . .
 fir kee Geld a kee Präis.

René Kartheiser

Di dräi Jeër

Dräi Jeër, déi souze beieneen,
an hu geruff: «Wiirt, bréng nach een!»
Si hu getéint, si hu gelun,
op d'Wourécht koum et guer nèt un.

Deen éischte sot: «Ech hat en Dram,
e Réi stung do beim Kiischtebam
a kuckt mech u mat treien An;
ech war ze paff, ech konnt näischt man.»

Deen zwete sot: «Ech koum mam Rad,
dës lescht am Gronn um Huesepad,
a lénks a riets do liichten An;
ech war ze paff, ech konnt näischt man.»

Deen drëtte sot: «Millnondikass,
wat as mat eis dann nëmme lass,
wann ech e Graff nom Klaves man,
da kommen Tréine mir an d'An.»

't as nëmme schued – et as eng So,
esou e Jeër war nach nèt do.

Eng versëlwert Plaquette Dicks-Rodange-Lentz fir de René Kartheiser

*Franséisch an Däütsch d'ärf iech gefalen
ma wat der musst an Éiren halen
dat as eis Sprooch
well si as d'Muerg
vum klenge Ländche Lëtzebuerg...*

Sou heescht et am Gedicht «Eis Sprooch» am René Kartheiser séngem Buch «Nuets as d'Welt ronn», dat 1972 erauskoum. Dat as ee Grond fir wat d'Actioun Lëtzebuergesch dem René Kartheiser den 20. November 1991 an der Kapzinnerstuf d'versëlwert Plaquette, wou d'Käpp vun eisen dräi Nationaldichter aus dem 19. Jorhonnert

drop sin, déi de Julien Lefevre nach kuurz viru séngem Doud geschafen huet, iwerrrecht huet. Deen anere Grond as dee fir säint litterarescht Wierk an eiser Sprooch zënter zwanzeg Jor un z'erkennen.

Wéi an de Kéiere virdrun — et as déi zéngt Plaquette, déi d'A.L. iwerrrecht — wor et eng kleng häerzeg Feier, wou Frënn vun der Sprooch an der A.L. dohinne komm sin, fir domat d'Sympathie fir de René Kartheiser wéi déi fir eis kleng Sprooch ze weisen. De Minister vun de Kulturelle Saachen hat sech durch de Mars Klein, Professor-Attaché, vertriecht gelooss.

Op eiser Foto erkennt ee (v.l.n.r.): den Emile Steffen, de President Henri Rinnen, den Ernest Brachmond, de René Kartheiser, den Arthur Reckinger, de Mars Klein an de Robert Sinda.

(Foto: L. é Sibenales)



An e puer Wieder huet de Präsident vun der A.L. dem René Kartheiser säin Aarbechten an eiser Sprooch betount an apaart drop higewisen, datt hien zënter der Grënnung vun der A.L. 1971 Mëmbler ass. Mä dat nët eleng, hien huet och zënter deer Zäit an all denen 33 Nummere säi Bäitrag, et sief mat Gedichter oder (gereimt) Kuurzgeschichten, geliwwert. De Präsident sot: Hien huet am Lëtzebuergesch dat erkannt, wat eist Wissen an eis Aart ass, dat sech a séngem Schreiweweist. Dobäi ass hie säin egene Weegaangen, en neie Wee vu Form an Thematik, a sénge Gedichter, sénge (Kuurz-)Geschichten, sénge klengen Theaterstécker a Sketche, séngen Emissiounen am Radio, séngen Zeitungsartikelen, wäit ewech vun dem «Hieschen am Wieschen». Ronn eng Dose Bicher huet de René Kartheiser bis elo op säi Kont eraus gin, fir déi Grouss a fir déi Kleng.

Als Merci fir séng trei Mataarbecht an «Eis Sprooch», fir séng Aier, déi e fir eis kleng Sprooch huet, op déi en déck Stécker hält, an dofir keng geléint Wieder an Ausdréck siche muss, well hien déi hält, déi all Stacklëtzebuurger vu Kanddeg u kennt - an och haut nach kenne misst - huet de Präsident dem René Kartheiser d'versëlwert Plaquette iwwerreicht.


Säi Merci huet de René Kartheiser nët mat e puer ofgedresche Sätz ausgedréckt, mä erzielt, wat e mat sénge Gedichter bei groussen a klengen Leit erlieft huet. Sou huet eng doudkrank Fra duurch cent vu sénge Gedichter fir eng Zäit nët un hir Krankheet geduecht, souguer laache konnt, e Papp mat sénge Kanner d'Wichtelcher vum Hölleschberg wirklech gesin, oder, wéi an enger Spillschoul, d'Butzen sech mat him ameséiert hun...

De Mars Klein seet dem René Kartheiser merci am Numm vum Kulturminister fir dat wat e bis haut an eiser Sprooch geschriwwen a publizéiert huet, an ernimmt, datt déi kleng Sproochen a Minoritéitssproochen haut de «Sujet» am zoukënftegen Europa

vun de Regiounen sin a gewënscht, datt eis Sprooch nët nëmme sollt erhalen bleiwe misse, mä nach viru lieweg bleiwe sollt, wat duurch d'A.L. bis elo geschitt ass a viru esou geschéie misst.

Et ass klor, datt e gudden Patt Miseler natierlech bei esou enger klenger gemittelter Ficer nët felen duerf an dobäi iwwer d'Lëtzebuergesch, sénger Litteratur, sénger Entwécklung, sénger Dekadenz (!) gededeget a gemengt gouf, datt a vläicht «50 Jor eng Iwwersetzung misst do sin, well déi soss nët méi alles verstoe kënnen, sou wéi et haut geschwat gëtt».

hr.



D'bronze Plaquette vun eisen dräi Nationaldichter DICKS - RODANGE - LENTZ, e lescht Wierk vum verstuerwene Skulpteur *Julien Lefèvre*, ass sécher e schöne Cadeau fir all Familjefest, apaart dann, wann de Grond dervun um Réck vun der Plaquette aggraviert ass.

E kleng Stännchen erlaabt et, d'Plaquette dohin ze stellen, wou ee wëllt.

Präis: 1.250 Franc.

Bestelle kann och d'Plaquette bei der Aktioun Lëtzebuergesch (Tel. 47 06 12)

Postkëscht 98

L-2010 Lëtzebuerg

Et gët vill dervu geschwat an dese Méint: vun der Krankekeessreform, vum Pei-Museum, deen en Hedegeld kascht, vun der Nord-Strooss an och vum Ausländer-Walrecht. Dozou d'Menong vum GIL MANDY:

Stëmmrecht fir wat fir Ausländer?

Well d'Menong vun der Actioun Lëtzebuergesch an der Ausländerfro jo allgemeng bekannt as, an déi och méng Menong as, däerf ech op deser Plaz och eppes soen, ouni duerfir gläich als Rassist oder als Xenophob ofgestempelt ze gin. Ech hun hei e puer Pefferkäre parat fir an dat Dëppen, an deem déi Zopp soll gekacht gin, déi «Ausländer-Walrecht» vernannt gët. Ech héieren a lisen ëmmer nëmmen Wa(h)- oder Stëmm-RECHT. Mä mir Lëtzebuurger hu jo nët nëmmen e Stëmmrecht, mä, wat ech als *Bürger* och ganz richtig fannen, eng *Stëmmpflicht*. Sin dann déi Ausländer, déi a Fro kommen, och fir esou eng Pflicht begeschtert? Oder sollen et dann zwcërle Stëmmbürger bei äis gin, eng déi *musse* stëmmen, an déi aner *däerfen*? Eng Discriminatioun en vue?

Eppes aneshtes, vill méi eshtes: Bei dësem Thema gët bei de meeschte Leit nëmmen un d'Portugis geduecht, well mir deër am Moment hei och am meeschten hun. Ech soen, am Moment. Well bei dem Tempo, dee Portugal op ekonomeschem a sozialem Wee ageschloen huet, si mir Lëtzebuurger an en etlech Jore frou, wa mir e Portugis als Tourist hei ze gesi kréien. Well schaffe kënt da kee vun hinne méi bei äis, da mussen si selwer Friemaarbechter bei sech an d'Land huelen. Eng Utopie? Mä da waart emol of. An dann, frot Dir mech, wat fir Leit kréie mir dann, fir bei äis déi («knaschteg») kierperlech Aarbechten ze maachen? Mä Dir däerft dräimol roden. Amplaz aerdeg a roueg Portugisen, déi eiser Kultur an Zivilisatioun esou no sin, kréie mir deër déi eiser Kultur an Zivilisatioun awer och diametral entgéint stin an se och vu virera franchisement oflenen: aus dem Osten a Süden (Asien — Afrika). Déi «Völkerwanderung» as jo ewell am Gaang, mä hei am Weste wëllt

nach ëmmer kee se gesin. A vill deer Leit si Mohammedaner. Mengt elo nët, ech hätt eppes géint den Islam u sech. Ech hun näischt géint de «gemässegten» Islam, mä dee gët et leider nët méi. A wann haut e puer gemässegt Mohammedaner brav a roueg beienee sin, da steet och schon e fundamentalisteschen Hezbollah oder e Mullah hantert hinnen, an déi maachen aus enger Häerd Schof e Ruddel vu rose Wëllef. Den Islam vun haut, dee vun de sougenannte Fundamentaliste bestëmmt gët, as nun ower leider, Allah sief et geklot, extrem fanatesch, aggressiv an onheemlech intolerant. An am Konträr vun eiser westlecher Welt, wou d'Populatioun ëmmer méi ofhëlt, wuessen hir Populatioun mat enger schrecklecher Vitesse. Wien nët Fantastic genuch huet, fir sech Horrorvisiounen auszemolen, dee brauch sech jo nëmme viru säi Schlappekino ze hucken. A wann him dann d'Grühelen nët ausgin, dann as him nët méi ze hëllefen.

Mir Lëtzebuurger woren a sin nach ëmmer tolerant, mä mir hun äis ower och nach ëmmer ferm géint d'Intoleranz gewiert an esou soll et och bleiwen. An duerfir hätt ech eppes, an nawell alles dergéint, datt méng (Är, eis) Nokommen, déi eng freides op de Gebietsteppecher an der Groussgaass leie mussen, an déi aner wéi schwaarz Gespenster durch d'Stroosse geeshteren. Hinn soll ower dat erspuert bleiwen, an et soll hinnen, grad wéi äis, Schwéngskottletten, Träipen, Hameschmieren, Béier a Wäin an eng Drëpp vergonnt sin a bleiwen.

Dir mengt, ech géif iwverdreiwen? Dann huet Dir nët e Sonndeg, de 15.3.92, op der ARD den *däitsche Botschafter a Marokko*, Murad Hofmann, e fundamentalistische Moslem (jo, dat gët et elo ewell an et as nëmmen d'Spëtzt vum Äisberg) gesin an héie-

ren. Deen huet et riicht eraus a klipp a klor gesot, ëm wat et hinne geet a wéi et kënn: Ganz Europa gët islamiséiert! — Schéin Aussichte fir eis Fraen a Medercher, well, den Här Botschafter dixit: «Jo, d'Fraen dicrfe gebeetscht gi vun de Männer, wann ... s'et verdéngen.»

Duerfir méng Menong: Auslänner an Auslänner sin nach méi wéi zweërlee. Et soll elo kee kommen a soen, dat wir jo nët virgesin an et géif sech bei deem Gesetz nëmmen ëm d'Auslänner aus der EG dréien. Datt ech nët laachen! Gesetzer gin dach nëmme gemat fir spéider géännert ze gin. — Et gin der jo clo ewell, déi d'Stëmmrecht fir *all* Auslänner verlaangen.

Duerfir, Dir Dammen an Hären Zoppekäch, bedenkt Iech gutt éier Dir dat Kachdëppen op d'Kachmaschin stellt. Eng Zort Gekraiders zevill huet dacks schon déi bescht Zopp verduerwen.

G.M.

* * *

Dozou nëmmen e puer Notizen (D'Red.)

Am «Tageblatt» vum 23.3.92 (sou och am «Trierischer Volksfreund» vum 24.3.92) heescht et, datt «Bonns Botschafter in Marokko in Bedrängnis» wir. De Botschafter Wilfrid Hofmann géif a séngem Buch, dat geschwënn rauskéim, schreien: «Dem Erhalt der Ehe dient auch die so oft gründlich mißverständene Vorschrift des Koran, wonach der Ehemann seine Frau schlagen dürfe.» «Die SPD stellvertretende Vorsitzende und Fraktionsvorsitzende Herta Däubler-Gmelin verlangt vom Außenminister Genscher», hie misst de Botschafter «abberufen».

* * *

Den Här *Georges Als* wëllt an engem Artikel, deen an den *Zeitunge* (21.3.92 Tageblatt — 23.3.92 Lux. Wort) publizéiert gouf: *Un référendum sur le droit de vote communale des étrangers*. Hie mengt, datt 1919 de Referendum d'Dynastic erhalen hätt an clo: *C'est encore par une consultation populaire qu'il faut trancher aujourd'hui la question de vote des étrangers qui empoisonnerait notre vie politique pendant longtemps si ce droit était introduit autrement*; dofir sollten d'Leit och fir d'Walrecht vun den Auslänner an engem Referendum gefrot gin. Wann dann eng Zweek-Drët-

tel-Majoritéit domat averstane wir, wir et legal an der Rei, wann nët, da sollten déi 27% Auslänner ze verstoe kréien, dat et hei d'schwecht wir wéi an done Länner, wou der nëmmen 8% wiren. Europa jo, Gestreits am Land neen.

Den Ausseminister J.F. Poos äntwert de 25.3.92 (Lux. Wort), datt hien iwver den Artikel «*franchement déçu*» wir. Hie géif nët verstoeën, datt e fréiere Beamten, dee séng Beruffs-Karriere an der Diplomatie ugefaang hätt, an 28 Jor Direkter vun enger grousser Verwaltung wor, sech esou iwver elementar Prinzipie vum öffentleche Recht ausdrécke géif. Hie (G. Als) wéisst dach, datt de Prinzip vum Auslännerwalrecht am Maastrichter Vertrag vum 7.2.1992 vun denen 12 ECLänner sténg, a wou keng Ausnam zougelooos géif. Et wir nët ubruccht, een cenzezt Stéck aus dem Vertrag eraus ze huelen. Wa schon, da misst iwvert dat Ganzt e Referendum ofgehale gin (dat fret iwregens d'DP). Grad esou ewéi aner Länner ka Lëtzebuerg nët «*à la carte*» e Vertrag ratifizéieren. Wann d'europäesch Bürgerschaft, nët nëmmen d'Walrecht, nët ugeholl géif, da sollt en (G. Als) de Courage hun, fir de ganze Vertrag zrëck ze weisen. Wat dat géif heeschen, dat misst de fréieren Direkter vum Stateg dach wëssen, a wat dat um ekonomesche Plang géif bedeuten. Bei engem Referendum bräicht een nëmmen eng einfach a keng Zweek-Drët-Majoritéit, déi ee muss hun, fir d'Konstitutioun ze änneren. Eng an déi «gemeinsam» Währung an eng europäesch Bürgerschaft sin déi wichtigst Innovatiounen... E Land, dat dee gréisste Profit aus der EG krit huet an déi bescht Integratioun vu séngen Immigrante gemat huet, kann dat dat einfach wëllen?...

* * *

Et as dach gelungen, datt eng e Referendum froen, ob d'*EG-Staatsbürger* d'Walrecht solle kréien oder nët, an aner wéi «SOS-Racisme» (Tageblatt 26.3.92) fuederen d'Walrecht fir *all* Auslänner ouni iirgendeng Bedéngong. An et dierft nët domat gewaart gi bis d'Jor 2005 oder 2011... (Duerf een da vläicht sech erlaben ze froen, ob déi Auslänner alleguer dat Walrecht iwverhaapt wëllen? Sollen déi dann hei mat stëmme *musse* goen, déi eréischt 8 Deg am Land sin?..)

* * *

An *Däitschland* kréien d'Auslänner aus den EG-Staten d'Walrecht geschwënn, huet den CDU/CSU-Fraktionschef Schäuble ugekënnegt.

† Jos. Hurt

Theater (V)

D'Fuesent-Revuën

(Radios-Emissioun vum 22.1.1962)

Nach eng Kéier muss ech haut op d'Fuesent zrëckkommen. Virun eppes méi ewéi 100 Jor, et wor 1849, as op Fuesent zou Lëtzebuerg e Kand op d'Welt komm, dat haut nach leeft, frësch a monter, gesond a jonk as: «d'Lëtzebuurger Revue». Si as wuel nët vu Lëtzebuurger Elteren, ech mengte Papp a Mamm wore Fransousen, mä si huet sech op eisem Buedem akklimatiséiert, si huet de «goût du terroir» ugeholl an as als lëtzebuergesch Produkt méi wéi 100 Jor iwwer d'Bühn vu Land a Stad gaangen.

1848, et wor och en onrouegt Jor an eiser Hemechtsgeschicht. 'T as d'Jor, wou de Marx an den Engels hir sozialistesche Manifest publizéiert hun. Eis éischt satiresch Zeitschrëft vum Affekot Charel München «L'Arlequin» as erschéngen. Zou Ettelbréck an zou Lëtzebuerg as et zou Oproue komm: d'Ständekammer as opgeléist gin an eng aner aberuff gin. De Bëschof Laurent as wéinst Schwiregketen offeruff gin. D'Kontingentsgruppe vun Iechternach hu rebeléiert. Zou Ettelbréck as eng zweet Kéier Revolutioun gin. Et wor eng opréiesch Zäit an dder en neie Lëtzebuurger Geescht gewuess as.

Am Jor drop, 1849, as den éischte Lëtzebuurger Turnveräin gegrënnt gin, d'Gym, déi all aneres gemaacht huet, mee nëmme keng Gymnastique. Spéit as bei eis de fräiheetleche Geescht vum Turnpapp Jahn komm an huet Fouss gefaast an denen éischten Turnveräiner. Si hun an eiser Lëtzebuurger Theatergeschicht eng grouss Roll gespilt, d'Gym vu Lëtzebuerg mat dem Dicks an den Iechternacher Turnveräin mat dem jongen Duchscher.

Am Jor vun hirer Grënnung as d'Gym fir d'éischt opgetrueden an huet an de Stroosse



vun der Stad e Fuesstéck zum beschte gin: de Pränz Carneval an de Pränz Faaschtdag. Do hun d'Regierung an d'Chamber, d'Fonktionnären an de Klerus, d'Stadverwaltung an d'Press, d'Police an d'Militär allerhand Stéiss kritt. Op déi Fuesent vun 1849 fänkt eisen egentleche Lëtzebuurger Hemechtstheater un, op deem Dag as eis Lëtzebuurger Revue op d'Welt komm.

D'Revue as aus de Fuesspiller vum 18. Jorhonnert ervirgaangen, déi schons déi Zäit batter Kritik u lokalen Ercegnesser geübt huet. Si gehéiert zu dem Vollek, do huet et fir eng Kéier Revanchen ze huelen u Persounen an Ariichtongen, déi et drécken.

De Papp vun der Lëtzebuurger Revue as egentlech de Pol Clemen (1861-1925), deem éier déi éischt Revue bereets opgeféiert se gin, scho fir d'«Union Dramatique» déi gekéigst Fuesowender arrangéiert hat. Hien hat

och den anonymen illustrierte Guide du durch Lëtzebuerg geschriwwen. Dee Mann hat Witz, dat muss een him loossen.

Déi éischt richteg Revue as 1896 gespillt gi vun der «Union Dramatique» am groussen Theater zou Lëtzebuerg, de 7. Februar. Dce-mools as dee Genre nach net Revue genannt gin, mä «Lëtzebuerger Flautereien» haten si se gedeeft an hir fir dat Jor den Numm gin: Li-Hung-Tchang. (Et wor déi Zäit vum Boxerkriech a China).

De Lexi Brasseur, en Affekot aus der Stad, hat se geschriwwen an och den Text an d'Musek vun de Lidder derzou komponéiert. A jiddfer Revue muss vill Musek a Gesank sin; vill vun dene Lidder sin eriwergeholl aus franséischen oder däitsche Schlager. Hciandsdo as emol e Liddchen, dat weint sénger Weis oder sénge Wieder besonnesch ageschloen hat, enner de Leiden hánke bliwwen, dacks eng ganz Generation laang, bis eng aner Zäit an aner Leit komm sin.

Esou hu sech Revuë gefollegt an all Jor as eng aner komm, bis zum éischte Weltkriech. Bis 1900 woren se alleguer vum Lexi Brasseur a vum Pol Clemen geschriwwen.

Si haten am Ufank nach kee richtegen Numm, 1902 hun se se «Verwurelt Gedanken» genannt. Déi éischt Revue, déi en aneren Numm gedroen huet, wor déi vun 1903: Pöff-Pöff, Text Nicki Laux, opgefíiert am groussen Theater* vun der Gesellschaft: Treize. A vun dcer mellet d'Zeitung — Obermosel — vum 8. Dezember, datt dat Ganzt enner dem Titel: Literarischer Diebstahl, ee Plagiat wor, eng Iwwersetzung vun engem franséische Vaudeville.

Mat hirer leschter Flauterei vun 1904 haten de Pol Clemen an de Lexi Brasseur versicht, fir hirer Revue eng grouss Rumm ze schafe mat dem Melusina-Thema, dat wor warscheinlech de gréisste kenschtlereche Wuerf, dee jeemools an enger Revue gerode wor. Vun do un hun d'Nimm vun de Revuën a vun den Auteurs changéiert: De Perpetuum mobile, Bonsoir, Hâr Conseiller, Allerlec

Musek, Peffer a Salz, hun se geheescht bis zum Kriech, an de Batty Weber huet méi wéi eng vun denen um Gewessen. Am Kriech vun 1914 as d'Revue-spille léschteg weidergaangen: 1914 huet d'Union Dramatique am groussen Theater hir Revue vum Jor an 2 Akte gespillt: Kss, Kss, Kss... véiermol opgefíiert an d'Crêche huet och eng Revue gespillt: Aarm a räich.

1916 sin der e puer iwwer d'Bühn gaangen: «Les Enfants de Luxembourg» hun op dem groussen Theater d'Revue an 3 Akten an engem Tableau vum Lexi Brasseur: «Lëtzebuerger Flautereien» zwiefel mol gin; de Photoclub vu Lëtzebuerg huet eng kleng Revue vum Jor vum E. Salomon gespillt an den Theaterclub: «La Mansarde» huet am Casino zu Mondorf eng Revue — Express vum Tenke Bauer: «Fénnef Minutten zu Munneref» opgefouert. 1917 huet d'Union Dramatique et nach am Hotel Brosius zu enger Fuesentszeitung bruecht, iewer zu enger Revue as et net méi komm; déi lescht Kriechsjoren hun eng Revue gespillt mat Hunger an Doud.

Vun 1918 bis 1921 as keng méi opgefíiert gin an et wor ze fáerten, datt deen neie Genre sech bei eis ausgelieft hátt. Du kénnt 1922 d'Revue an 3 Akten: «Nabu-Chodo-Nosor» gespillt vum «Orphéon de Luxembourg».

1914 hat déi éischt lokal Revue am Land bruecht, zou Ettelbréck, an si huet geheescht: «Em de Bräi». Déi éischt Escher Revue as 1916 vum Escher Athleteclub am Sall Lefèvre an der Uelzechtstrooss opgefíiert gin.

Vun 1923 bis 1927 huet den Emil Boeres all Jor d'Revue geschriwwen a komponéiert; si hu ghescht: As eppes?, Zim la Bumm, Lues do, Hallo hallo. Mat de Joren 1928-1931 as erëm eng Paus bis de Welter'sche Jhempí, deen als Papp vu «Pittys Briefe» landbekannt wor, d'Revue gestallt huet bis zum Kriech. Et woren : Yo-Yo, 't as net

*) Mam «groussen Theater» as hei deen «alen Theater» vun haut gemengt, d.h. de Kapzinnertheater.

erlaabt, 't as eppes drun, 't as allerhand, as dat nach dran?». Vun 1940-1945 hun d'Preisen eis eng Revue gspillt, déi un Nidderträchtegkeet an Aberwitz alles iwwerbueden huet, wat jee op ciscm Hemechtsbuedem geschitt as.

Nom Krich huet den August Donnen crém déi éischt Revue verbrach: 't as eriwwer.

Vun 1956 huet den Nowe, den Nobert Weber d'Revue geliwert, déi den Theaterensemble vum Eugène Heinen op dem groussen Theater opgefëiert huet mat engem Succès, dee virdrun nach ni do wor.

1957: 1-0, 17 mol opgefëiert; 1958: O nondikass, 29 mol opgefëiert; 1959: Quetschen och, 39 mol opgefëiert; 1960: Wat gelift, 30 mol opgefëiert; 1961: Krédjef, 20 mol opgefëiert. Aus dëse Rekordzifferen muss ee jo sécher op eppes schlëissen: as et op de Publikum oder as et op sai Goût? D'Revuën a Stad a Land gi weider, well et as eng Saach, déi dem Vollek gefällt: «Cet esprit de libre critique», wéi de Philinte en am Escher Tageblatt genannt huet, an dee mir gewéinlech mat engem anere méi lëtzebuergeschen Numm bezeechnen.

Niewent den Auteurs vum eise lëtzebuergesche Revuën duerfe mir déi Leit nüt vergiessen, déi als Acteure mat deem Genre verwuesst waren. An der Equipe vum denen éischte Revuë woren de Schéiesch Jhang, den August Donnen mat senger zwou Schwëstere, de Moulin's Leo, déi Jor fir Jor derbäi woren, den Iippesch Nikla nüt ze vergiessen, deen och ni gefeelt huet, wann an der Strooss eng Kaz geschleeft as gin. Du kouw déi zweet Equipe énnert dem Emil Boeres. Du déi drëtt Equipe mat dem Thériente senger Revuen. An elo fir d'lescht wor et den Heinen's Eugène mat senger Leit: Jhengi Hopp, Hary Hagen, Fernande Schmit, Marcel Alliaume, Margot Fritz, Juliette François, Erny Ney, Léon Moulin, Edy Arend, Ketty Schilling, Arpa a Bert Junker, Pol Greisch, Nic Bintz, Fernand Fox, Emely Foubert, Edith Schmit, Tun Deutsch, Nico Hames, Jean Schaber, asw.

Den Opbau vun esou enger Revue as meescht séier batter. Et sin egentlech eng Onmass kleng Zenen, déi iirgendwéi an duurch iirgend eppes matenee verbonne sin. 'T as eppes ewéi e groussc Sak an deen alles cragestoppt gët, wat Apaartes a Stad a Land an dem Jor passéiert as. A muenchnol as esou vill dragedréckt an dragestoppt gin, datt de Sak op Plaze gebascht as. Well et wor jo emol vill, dat huet missen duurchgebleit gin, dat nüt no kënschtlerschem Aemooss, mä de Witz den Ausschlag gin huet. D'Revuen hun als Genre eng opgebauscht Zenerie verlaangt. Déi huet vun 1899 un de Jules van Dievoet vum groussen Theater och matgemaach. An déi mécht haut an zënter Joren de Josy Greisen mat nüt wéineg Goût a Geschéck.

An de Revuën as och vill gedantz a gesprongt gin, an 't wor esou guer heiansdo dees Gudden e wéineg zevill. Vu Bréissel a vu Paräis gouf méi wéi eng Kéier e ganze Ballet engagéiert. Déi Härren Auteurs woren zefridden, wann se do erëmmer eng lëtzebuergesch Zooss mat vill Peffer a Salz gemaacht haten. Et wär intressant a wichtig, wann een déi al Programme vun cisc Revuen zesammen hätt. Do kënnt een de Genre am beschten a séngem Geescht an a sénger Duerstellung stodéieren. Mä déi al Programme sin haut eng Raritéit gin, déi, fir e spéideren Theatermuseum, verluer as.

Keng aner Geschicht huet dee Genre, dee mir bei äis Revue nennen, esou wäit ausgebaut an néierens sin der esou vill opgefëiert gin ewéi bei äis. Ob dat fir äis e Plus oder e Minus as, dat wär nach ze énnersichen. Oder ob eisen natirlechen oder eise verbilte Goût op esou eppes agestallt as? Et sin esouguer Kritiker, déi der Menong sin, d'Revuën hätte bei äis derzou bäigedroen, datt eise lëtzebuergesch Theater de Schnapp kritt hätt a bedenklech krank gi wär.

Méi iwwer d'Revuën an: Fernand Hoffmann: «Geschichte der Lux. Mundartdichtung», Ed. II (vun 1896-1964), S. 117-123. — Léon Blasen: «Das luxemburgische Mundarttheater nach dem Zweiten Weltkrieg», (1945-1989), an «Nos Cahiers», No 2, 3, 4 / 1989. — Guy May: «Castigat Ridendo Mores», an «Nos Cahiers» No 2/1985, S. 27-76). Vun 1896 bis 1940, mat Einzelbeten an Illustrationen, Plakater...

Hochzeitslidd vum Grand-Duché mat der klenger Belgique

1. De Grand-Duché an d'kleng Belgique,
De' feieren Hochzeit, dat gëtt chic. (Op d'Melodie: Vogelhochzeit)
2. Den August Thorn as Hellegsmann,
Dê fe'ert d'Braut an d'Kirch eran.
3. Den Her Jaspar, den Her Jaspar
Schle'ßt sie zesummen um Altar.
4. Den Diderichs Gast, den Diderichs Gat
Huet gratis d'Hochzeitsried geschmaß.
5. De Präsident, Altwise Franz,
Mecht mat der Braut den e'schten Danz.
6. Den Her Dupong, den Her Dupong
Danzt op den Ze'wen de Boston.
7. Beim ieschten Danz, 't wor mam Her Duhr,
Hat d'ârem Braut hire Kranz verluer.
8. Zum Glëck hat den Her Didier
Eremfond hir Fleur d'Oranger.
9. Den Her Herschbach, den Her Herschbach,
Dê fe'ert d'Braut an d'Brautgemach.
10. De Jungers Mett, de Jungers Mett,
Dên dre't hir d'Schlëf bis bei d'Brautbett.
11. De Jacoby als Hofkaplôn
Gong vir an huet d'Chandelle gedron.
12. Den Her de Villers, den Her Grof,
Mecht d'Lücht aus a le'st d'Lueden erof.
13. De Berward ko'm erbei geschlach,
A sot : Ech kucken emol durch d'Schlëssellach.
14. Et gëtt gesol, den Her Mathias Huss,
Dên hält wëmol derdurch gelüst.
15. Den Ulveling verzielt ganz iescht,
Hie wär so'guer derbei gewiescht.
16. De' zwè si jiddenfalls bestuet,
Muer klappt de Storch un d'Fënsterlued.
17. Hie brengt, set de Prüms Pe'tchen,
E Jong oder e Mëdchen.
18. Hie sot och nach, dat wär net brav,
'T kënnt grad eso' gutt e Kand gin, ewe' en Af. («Nabu - Chodo - Nosor», 1922)

(Viru 70 Jor as d'UEBL d'Ursach fir dëst «Hochzäitslidd» an der Revue gewiescht.)

Theater-Notizen

D'Theatersaison 1991/92 as d'ës Jor mat dem «kabarä schuko» den 20. September 1991 ugaang. No de «Schnëss-stécker» 1990/91 gët et d'ës Kéier «Stoffwiesel», dat de Jemp Schuster zesummege-dätscht huet. Et spillen de Jemp Schuster an d'Mady Durrer, déi a «verschidde Spillzenen déi dagdeglech Boboen a gréisser Wonne vun dohcem pléischter..., et gët gestépelt a gestänkert, nodenklech a verspillt awer och haart an direkt duergefuer». Sou an der Ukënnegung. Musikalesch suergen de Jerry Philipps an de Jos Scharz fir Verpackung vu verschidde Themen. Regie Conny Scheel. Gespillt gouf am Dierfgen, Théâtre du Centaure. Première, wéi gesot, den 20. September 1991, dann nach 17 mol dono.

* * *

Et kann een sech nët ëmmer op dat verloossen, wann een eppes an den Zeitungen erausliest, dat nët grad ganz klar dat erëmgët, wat gemeengt as.

Esou och eis Notiz vum Jhemp Hoscheit séngem Theaterstéck «Hipp Hipp Hipp Hurradio», dat an eiser Theaterstatistik als no «enger auslännescher Virlag» entstane wir. Dat stëmmt nët, sou wéi den Autor Jhemp Hoscheit äis geschriwwen huet.

Op der Säit 104 vun der Nr. 32 vun «Eis Sprooch» (2/91) steet, dat Stéck «Hipp Hipp Hipp Hurradio» dat den 26.1.91 zu Esch vun der «Liewensrou» opgefouert gouf, wär «no auslännescher Virlag» gewiecht. Dat stëmmt nët!

Ech froe mech, wou der d'ës falsch Informatioun siche gaange sid! An ech wëll dat heimadde richtegstellen: All méng Stécker wuessen op ménger egener Schreifmëscht an entstin a ménger egener Gedankenkeichen. Ech wire mech scho laang mat Kapp, Hänn a Féiss géint déi Schreiwerten a Knäiperten déi auslännesch Virlage brauchen.

Hei wat ech ausdrécklech zu där Problematik als Virwuert am Programmbefi vun «Hipp Hipp Hipp Hurradio» geschriwwen hat.

Fir wat e NEIT Stéck?

Well ech eppes géint déi Klick vu Knäiperten hun, déi alles fräi iwersetzen, adaptéieren, iwewdroën, iwewschaffen ouni de wirklechen Auteur beim Numm ze nennen. Well ech déi haassen, déi sech mat frieme Fiedere rëschten an déi dat, wat aus hire Schreiffiedere sabbelt, als hiirt eegent Wiirk verkafen, obschon et geléint as. Well ech déi um Napp hun, déi op d'Affiche „no enger Iddi vun ****“ schreiwen an dann den Originaltext bal integral iwewhuelen. Well ech dacks gefrot gin, ob et zu Lëtzebuerg keng aner Stécker gët, wéi:

„DéidräikrankHinnercherdéiandeKornischongewullenséch d'Boxand'HiemmatfofzegKilowäissFuarfegladderenan denDäiwelbeimPäerdsmetzlererausloossenirsed'Gléckum Schléiwenhaffannenand'Téitschenvummuedebätzeg FreieropderHimmelsleederflécken“.

* * *

Den Theaterveräin «Spaass an Fescht» vu Weimeschkiirch huet ewell méi wéi eng Millioun fir gutt Wickker spendéiert; dee leschte Scheck wor fir d'handikapéiert Kanner. Um «Lakertebal» gin all Jor Kleder gesammelt, et heescht et wire bis elo 6 Tonnen.

* * *

Am «Wort» konnt een eng Annonce liesen, no deer een déi Theaterstécker vum Pierre Chaussy bei der Joffer Marie-Josée Chaussy geléint ka kréien. D'Opföierungsrecht fir ee Stéck as 2.000 Franc, d'Suë gin un den Déiereschutzveräin. Wien deer Stécker spille wëllt, kann um 77395 uruffen.

* * *

† Charel SCHMITT

Den 13. November as de Lëtzebuenger Akteur *Charel Schmitt*, créischt 52 Jor al, an der Klinik am Park (Ste Elisabeth) gestuerwen. Hie wor de Jong vum Georges Schmitt, dee Konservator am Musée wor. 1939 an der Stad gebuer as en nom Lycée op Stroosburg an de Centre dramatique d'Etat vu Stroosbuerg gaangen, wor dräi Jor do, krut en Engagement fir e Jor zu Stroosbuerg a gouf du beim Theater romand engagéiert. Vun do gong e bei d'Comédie des Alpes op Grenoble, déi méi spéit de Centre dramatique national des Alpes gouf. Zu Lëtzebuerg huet en e puer Mol gespillt an: *Un attendant Godot*, *Fin de partie* an an engem Stéck fir Kanner vum Cathérine Dasté, dann am Summertheater am Molière séngem Stéck: *Georges Dandin*. Um Festival vun Avignon huet e matgespillt...

Mam Charel Schmitt huet e gudden a bekannte Lëtzebuenger Akteur äis verlooss, deen am Frankräich als äifregen Interprète vun alle Rollen, déi e gspillt huet respektéiert wor a gär gesi gouf. Säin Hemechtsland huet hien nimools vergiess, 't huet him esouguer leed gedon, datt en nët méi dacks zu Lëtzebuerg optriede konnt - a koum heem, fir do d'Bühn fir ëmmer ze verloossen. Sënger Famill eist oprichtegst Bäileed (cf. Noruff Lux. Wort 14.11.1991, Journal 10.12.1991).

† Jhempí KEMMER

Den 21. Dezember 1991, géint der Owend, as de *Jhempí Kemmer*, ee vun eise beschte Musécker a Komponiste an d'Fiwegkeet gaangen. Et wouss een, datt déi lescht Zäit séng Gesondheet nët grad gutt wor, mä et huet ee gehofft, datt eis Dokteren hien erëm an d'Rei krite. Et sollt nët sin. Et as eng Plaz eidel gin an der Musekbranche, déi nët esou liicht ze besetzen as, well, wann ee weess, wat de Jhempí Kemmer do geléescht huet, as dat maliicht ze verstoen. Hie wor nët een, deen nëmme op engem Gebitt vun der Musek dohem wor. Et kann ee behaupten, e wor e polyvalente Musécker, deen esouwuel symphonisch Wierker, wéi Kammermusik, Lieder, Kiirchen - a Filmmusek, Operetten, an d'Musek fir eng Häerd Revü komponéiert huet. Gebuer wor en den 8. Dezember 1923 an der Stad an huet ganz jonk geléiert Piano spillen, dono nach Oboe. 1943 krut en de Virtuosepräis am Piano, an en éischte Präis mat Auszeichnung an der Kompositioun. Am Radiosorchester wor

e Pianist, deen en och dirigéiert huet, nët nëmme senger eigener Kompositiounen.

E wor Dirigent vun dem Hesper Gesank «Eintracht im Tale», och vun «Ons Hecmecht» vu Péiteng, der Chorale mixte vum Conservatoire, an dem Gesank vu Fenténg. 1969 huet e säin egene Kouer gegrënnt: d'Choeurs Jean-Pierre Kemmer, e Kouer deen dacks opgetratt as an iwwehall gutt gefall huet. Am Mäerz 1991 krut de Jhempí Kemmer als Eischten deen éischte Kulturpräis vun der Gemeng Hesper iwweerecht fir séng sëllechen Aarbecht op séngem Gebitt: Musek a Gesank. De Léon Blasen huet deemools d' Laudatio gehalten.

Séng Operetten huet en nët nëmme eleng komponéiert, mä den Text och alt geschriwwen; fir 15 Revü, déi all am Stater Theater gspillt si gin, huet hien d'Musek oder d'Museksarrangementer gemacht, an, 30 Jor laang, dat selwecht fir Kréimesch Pir séng Silvester-Revü.

Mir hun e gudde Musécker verluer, mä a séng Kompositioun bleift hien äis erhalen. Der Famill eist oprichtegst Bäileed. (cf. Noruff e.a. Lux. Wort 23.12.1991, Républiqueain-Lorrain 23.12.1991).

hr

Jhempí Kemmer

Notizen

«... Dir erlaabt mir sécher, näischt iwwer d'Lëtzebuergesch ze soen, dat eis Deputéiert a Politiker an der Chamber a soss iwwerall schwätzen, ech misst soss dat Wuert "versauen" gebrauchen, an dat maachen ech nët gären am Groussherzoglechen Institut...»

Adrien Ries: Eis Sprooch(en). Kommunikatioun vum 7. März 1991. Inst. g.-d., Section des Sciences Morales et Politiques.

Dofir, wann dir wëllt gesin, wéi eis Sprooch sech entwéckelt, da liest d'Chamberblietchen (d'Red.).

Viru 50 Jor stong an der Zeitung eng «Verordnung» vum «Chef der Zivilverwaltung» iwwer «das Verbot der Anwendung nichtdeutscher Schriftzeichen». Am Artikel 1 heescht et: Bei Anwendung der luxemburgischen Mundart ist der Gebrauch nichtdeutscher Schriftzeichen verboten. Artikel 2: Zuwiderhandlungen werden mit Geldstrafen bis zu 150 RM oder Haft bestraft. Datum 18.12.1941. Sou an der «gleichschalteten Presse» vum Lux. Wort de 7.1.1942. Deen Dag drop, den 8.1.1942 huet et dunn nach geheescht: «Durch die gestern in den Tageszeitungen veröffentlichte Verordnung des Chefs der Zivilverwaltung — d'Leit soten och «der Zivilverwaltung» — über Verbot der Anwendung nichtdeutscher Schriftzeichen wurde festgelegt, dass bei schriftlichem Gebrauch der Luxemburger Mundart solche Zeichen nicht verwendet werden dürfen. In diesem Zusammenhang wird darauf hingewiesen, daß gemäß der Verordnung 2 Notizen über den Gebrauch der deutschen Sprache in Luxemburg vom 6.8.1940 als «deutsche Sprache» im Sinne dieser Verordnung das Hochdeutsche gilt, d.h. also in jeglichem Schriftverkehr, insbesondere auch in Veröffentlichungen, Anzeigen, der Herausgabe von Einladungen usw. darf lediglich das Hochdeutsche angewendet werden. Die Luxemburger Mundart ist keine selbständige Schriftsprache, sondern nur eine der überall im deutschen Sprachgebiet üblichen, heimatlich gebundenen Mundarten in deutscher Sprache. Soweit es sich empfehlen sollte, etwa bei der Darstellung von Heimatgeschichten oder dergl. die Luxemburger Mundart schriftlich zum Ausdruck zu bringen, ist dies nur nach Einholung der Zustimmung des Chefs der Zivilverwal-

lung — Aussenstelle des Reichspropagandaamtes — zulässig. Méi spéit hun se da vun den «deutschen Schriftzeichen» ofgesin an erlaabt, amplaz Fraktur Antiqua ze huelen, wat eisen «Ortsgruppenleiter» nun eemol nët verstoe konnt, dat sai «Führer» dat esou wollt.

An der Chamber gin ewell Froen un d'Regiron op lëtzebuergesch gestallt, sou de Gast Gybrien de 25.9.1991 iwwer gratis Têlêfonsabonnemter an d'Ordres permanents beim Postscheck: d'Äntwert vum Minister Alex Bodry wor och op lëtzebuergesch.

Den Änder Hoffmann deposéiert e Gesetzsvorschlag iwwer de Rassissem, de Friemenhaass an den Antisemitissem, wou e scet: Däerf ech an engem Saz präziséieren, Madame Presidentin, dass dat nët eng Reaktioun op e Bréif as, deen all Deputéierte vun enger Associatioun kritt hun. Dat hei wor scho virdrun a geet iwregens och an e puer Punkte méi wäit, wat do virgeschloen as. (20.11.1991) — Wat fir eng Associatioun dat as, as nët gesot, et hätt een alt gär gewousst wien et gewiescht wir.

Den Nik Clesen (Tro 19 — 15.10.1991) seet, dat de Schoulminister him gesot hätt, dat a Portugal Cours-e fir Lëtzebuergesch zu léiere gehale wire gin an datt déi och aner Informatiounen do kritt hätten; 90 Leit hätten dee Cours matgemaacht. Hie freet, ob déi doduerch méi Avantagen hätten, wann se heihinner kéimen. De Minister l'ernand Boden äntwert, dat den Immigratiounsdingesch keng esou eng Demandë kritt hätten, de Familjeministère hätt näischt domat ze din, e kënnt dofir nët drop äntweren, mä wann et néideg wir, wir den Immigratiounsdingesch do fir si, hien hätt awer en «Avant-projet» iwwer d'Integratioun vun de Friemen a sozial Froen abruucht.

Op der Texas Christian University zu Fort Worth gët et eng Bibliothék an deer e Lëtzeburger Departement as. Et sin do Bicher a Publikatiounen iwwer Geschicht, Politik, Internationales, Soziologie, Ekonomie, Konscht a Literatur an d'Lëtzebuurger Sprooch. D'Bicher iwwer d'Sprooch gin esou séier ugeschaaft ewéi se rauskommen. De Verdéngsch déi Bibliothék geschaf ze hun, sin den Dr. A.M. Pate Jr. an de Sebert Pate, Chef vun der Texas Refinery Corporation, déi et och zu Iechternach gët; dann de

James Newcomer. De J. Newcomer wor am Dezember 1944 an der Ardenneschluecht derbäi an zënter deer Zäit huet e Lëtzebuerg nët vergiesse kënnen. En as op der Universitéit Professer a Vicedirektor (Lux. Wort 24.12.1991, Lieserbréif vum L. Buck).

De Jos. Simon, D.P.-Deputéierten, huet de 16.10.1991 eng Fro an der Chamber un d'Regierung geréicht, wouran e sech op eng Initiative vun de Resistenzorganisatiounen «Unio'n» stäipt, déi gewünscht huet, datt d'Lëtzebuergesch als offiziell Sprooch an der E.G. sollt unerkannt gin. De Minister äntwert, datt d'Sproochen an der E.G. cestëmmeg misste festgeluegt gin, datt et do néng Sproochen géif gin, datt nach eng nei Sprooch, wann déi derbäi kéim, allerhand vill Suë géif kaschten an dat, wat erauskéim vun de Mëmbler-Länner als iwwerdriwwen ugesi géif gin. Et wir nët realistesch esou eppes wëllen zu hun, an esou eng Initiative wir zimlech iwwerhiefléich, zemol wou d'Lëtzebuergesch emol nach nët hei am Land an den offizielle Schrëftstécker gebraucht géif gin.

Iwwer dee Wonsch vun der Unio'n schreift den Iz säi Leitartikel am Lux. Wort vum 15.10.1991, Titel «Geféierleche Chauvinissem». Hie mengt, datt op dem Nationale Gedenktag dovunner geschwat wir gin, a sech mat Recht Suerge géifen iwwer de Réckgang vun der Sprooch gemaacht gin. Op deer enger Säit géifen der ëmmer manner, déi se schwätzen, op deer aner Säit, géif se vun denen, déi se nach brauche, méi a méi «entfremdet» (et kënn ee soe verhonzt gët). Et dierft een awer nët iwwersin, datt an engem Land, dat egentlech nëmme 275.000 Leit huet (ounst déi 125.000 Friem) d'Liewe vun enger Sprooch op dem éischte Plang dee vun der Demographie wir. Et kënn een d'Lëtzebuergesch offiziell an obligatoresch fir all Beruffer maachen, et kënn ee sech vun deem Ronderëm ofkapselen a jidderengem s'opzwéngen, deen an dat klengt Gebitt géif wëlle kommen, dat awer alles näischt notzt, wann nët méi Geburten do wieren, well da géng d'Vollek mat der Sprooch austierwen. An d'Sprooch stierft och, wa sech dermat ofgekapselt gët... Dee klenge Stat kann nëmme dann existéieren, wann en am Internationale mat dra gebonnen as an d'Sprooch vu séngen Nopeschlänner kennt. Ëmgedréit kann een nët verlaangen, datt déi sech op hien astellen... Et kann ee verstoen, wa gewünscht gët, datt d'Lëtzebuergesch

als offiziell Sprooch an der E.G. unerkannt géif gin... Knëppt een un déi Fuederung un, a géng een erwaarden, datt d'Lëtzebuergesch grad esou behandelt géif wéi déi grouss EG-Sproochen, da wir dat ze wäit geschoss. Ofgesi vun de Käschten, Iwwersetzungen, asv. kënn et geschéien, datt mir eise gudden Numm vun Kënne vun de Sproochen, déi eng apaart gutt Tromp fir äis as, verluere goen. Lëtzebuerg sollt séng Grenze kennen an do séng Sprooch halen a versuerge, wou se iwwerliewe kann: beim egene Vollek a bei denen déi sech integréiere wëllen.

Ob dat nun eppes hëllef, wann ee vun Ausländer verlaangt si missten eis Sprooch kënnen, wéi z.B. Dokterer, as eng I'ro, mä et dierft een awer vun denen am Staats- a Gemengendéngsch verlaangen, datt se eis Sprooch kënnen an och d'Lëtzebuerg Nationalitéit hätten. d'Haaptsubstanz vun öffentlechen Déngsch, d'Häerz vun souveräne Stat, sollt nët un d'EG verkaaft gin. Do muss sech gewiert gin. Dat kënn mer awer nëmme, wa mer all Chauvinissem, national a sproochlechen, op d'Säit loosse an äis un dee Modell vun typesche lëtzebuergesche gesonnde Mënscheverstand halen. (Sou wäit an Auszich.)

D'«Lëtzebuerg Land» mengt dozou, et wir dach gelungen, datt d'DP esou en «dümmlich-nationalistisch» Gestéichels géif zoulossen (15.11.1991).

En Teppeschgeschäft (Tapis Hertz) an der Stad huet op enger Matt fir d'Schong ofzeboten dra gewieft «Moien».

Op enger Konferenz, déi de Jean Merjai an der Nationalbibliothék gehalen huet, mengt en, datt d'franséisch Litteratur an der Areler Géigend méi a méi durch dat Däitsch an durch déi «soeur luxembourgeoise» verdréckt géif gin. (Lux. Wort 8.10.1991). — A wien hätt datt geduecht!

Fir d'zweet huet d'Föderatioun vun de Gemeengebeamten e *Schreifcours* fir Lëtzebuergesch organiséiert, dee vun Jacques Steffen gehalt gouf. Métt Dezember kruten 20 Leit hiren Diplom vun Minister Spautz. D'Actioun Lëtzebuergesch as frou, datt deer Cours-e vun engem

jonge Professer gehale gin an esou déi ofléist, déi sénger Zäit vun der Produktivitéitszentral an och Kulturkommissiounen organiséiert a vum Heng Rinnen a Lex Roth an der Stad, zu Did-deléng, Bieles, Péiteng, Betebuerg gehale goufen.

Am Leitartikel vum Lux. Wort (21.12.1991) geet et ëm d'*Kulturpolitik* zu Lëtzebuerg. Wat haut an der Kulturdiskussioun virop as, si Problemer vu struktureller Aart. Geet et duer mat denen alen, mussen nei Strukture geschafte gin? frect de pl. An der Vergangenheet as alt nët ze vill geschitt: D'Nationalbibliothék as ze kleng, de Musée fir d'Konscht ka Plaz kréien, wann den naturhistoreschen Deel emol eng Käier an de Prisong an de Gronn kënn, den Institut gr.-d. mat de verschidene Sektionen huet nach kee kompletten Ënnerdaach (dat zënter 1868, wéi dee geschafte gouf — d'Red.). Den naturhistoreschen Deel kënn an de Gronn, wou awer laang näischt méi geschitt as, en Zenter fir Kultur an e Musee fir «zeitgenössische Kunst» si geplängt. An iwuer dee leschte gët elli gededeget a gestriden. Wann de Prinzip och unerkannt as, dann as et awer d'Plaz, wou e soll hikommen... Et muss sech entscheed gin, zemol, wou mer 1995 d'Kulturhaaptstad vun Europa solle gin...

Am Leitartikel vum tageblatt (9.1.1992) schreift d'Josiane Kartheiser iwuer «*Sprachbewußtsein*». Et geet Rieds do vun dene klenge Sproochen déi méi Intresse géife fannen... et gët méi Lëtzebuergesch an den Annoncen, an de Publikationen, op Gléckwonschkaarten... e Problem wir d'Orthographie vum Lëtzebuergesch, dat, well déi eler Generatioun se guer nët geléiert huet schreiwen, datt ee mengt et kënn ee schreiwe wéi ee wëllt... datt an der Schoul awer wuel haut d'Grondregle geléiert dierfte gin... eng jong Generatioun am litteraresche Gebitt feelt...

Den «Hei elei» vun all Dag kënn do vläicht hëllef... d'Pressekonferenze géifen durchwech op lëtzebuergesch gehalen...

D'«Sproochbewußtsein» sollt och no baussen dokumentéiert gin, ouni dofir awer all EG-Dokument an d'Lëtzebuergesch z'iwwersetzen, den Noperen ze weisen, datt mir nieft dene Sproochen, déi si jo all kennen, och eppes Egenes hun... E Forum, «European Writers Congress», dee fir de September 1992 geplängt as, gët elo

vum Stat ënnerstëtzt... Et heescht dann nach, datt de Film «Hochzäitsnuecht», dee positiv Aspekter huet, och eng negativ Säit huet, d'Sprooch hätt am Ufank eng Syntax an e Sproochduktus, deen «ontypesch an héichgestache» kléngt... Dat wire wuel Kannorkrankheten, déi vergéngen... Et dächrt een optimisteschem fir eis Sprooch sin, wou och d'Iwwerschaffe vum Dictionnaire an aner Initiativen dobäi hëllef kënnen.

Op den Artikel vum Josiane Kartheiser schreift den André Engelhardt, en Dän, dee Lëtzebuergesch léiert, hie géif gär esou Artikle liesen. «Heiandsdo héieren ech awer, datt di Lëtzebuergger läerten, fir hir Sprooch ze schreiwen, fir dat si nët di "richtig" Schreifweis kennen. Ech fannen et as wichteg di Angscht vum Schreiwen ze iwwerwannen, egal wéi ee schreift. Dono kann een dann ëmmer di Schreifweis "auf Koinè hochblénkeg" opbotzen — mat Hëllef vum Dictionnaire.

En anere Bréif un d'tageblatt schreift den Henry Wickens (26.10.1991), en Englänner, op dem Jos. Kartheiser säin Artikel. Hie wënscht sech méi Material fir Lëtzebuergesch ze léieren, hien hätt gär e Lëtzebuergesch-Friemsprooch-Dictionnaire, e Synonym-Dictionnaire. — Mir kënnen dem Henry Wickens soen, datt et e klenge lëtzebuergesch-franzéischen Dictionäerche gët, mä en englesch-lëtzebuergesch net, obschongs et de Wonsch vun der Actioun Lëtzebuergesch as; et heescht nëmmen deen ze fannen, dee sech dru gët, fir een opzesetzen. Et as awer een an der Aarbecht, deen d'Jacqui Zimmer zesumme gesat huet, wou d'Lëtzebuergesch als Stéchwuert steet an däitsch, franséisch, englesch, spuenesch Iwwersetzungen huet.

Am Leitartikel vum Lux. Wort (23.9.1991) vum lz geet et iwuer «*Eine neue Tageszeitung für Luxemburg*». Domat mengt hien den «Hei elei», dee vum 21. Oktober 1991 all owes ëm halwer aacht kënn. Et as esou, wéi et am Ufank vum Artikel heescht, datt vill Lëtzebuergger besser Bescheed wëssen iwuer auslännesch, apaart däitsch Politiker wéi iwuer eis Lëtzebuergger Staatsmänner an Deputéierter, an datt déi lescht sech duurch deen «Hei elei» (wat en Numm fir eng Emissioun)

sech emol selwer an Aktioun gesin a profiléiere kënnen. Et heescht da virun, datt, ofgesi vun dem politesche Publicity-Aspect, d'Haaptuleies vun der Regierung a vun de Responsable vun RTL dat wir, fir domat dem Ausverkauf vun eisem Sproochlechem a Kulturellen an d'Ausland entgéint ze wiirken. Et geet da viru mat deem, wat d'Actioun Lëtzebuergesch och well zënter Joren nees an nees gesot a mam Fanger drop gewisen huet: D'Lëtzebuergesch hält nët nëmme méi (*bereichert sich*) nei Wiederer aus dene Sproochen cran, mä eis Sprooch «leit un engem sproochlechen Tumor», d.h. typesch Lëtzebuergesch Wiederer a Sätz gin ëmmer méi staark, an ouni Grond, vu frieme Begrëffer iwverdubbert an ersat, ouni datt dat néideg wir. D'Ursach vun deer Krankheet wir am «Konsum» vun den auslänneschen (apaart däitsche) Senderen ze fannen. Et wéisst een nët, wat een am meeschte bedauere misst: sou datt déi Erwuessen an al Lëtzebuergesch, déi hir Sprooch nach kenne missten, aktiv hëllef d'Lëtzebuergesch ze degradéieren, esou, datt déi jong Generatiounen emol nët méi d'Gelcënheit kréien, hir Mammesprooch richtig ze léieren, well se vun de Lëtzebuergesch selwer verfriemt a verhonzt gët, (a wicm sees d'et! d'Red.)

Ob déi hallef Stonn awer d'Leit déi selwecht Zäit vun den auslännesche Senderen ewech kritt as eng Fro, wat den IZ mengt duurch déi nei Emissiounen z'erreechen. Am Leitartikel geet et da virun iwver d'Reklammen, vun denen d'Zeitungen esouwuel ewéi de Radio an d'Télévisioun am meeschte liewen. Et as ee gär averstanen, datt déi kleng Equipe vun deer neier Emissioun säi Bescht mécht, oder mengt säi Bescht ze maachen. — Mir wënschen hinnen et (d'Red.).

Wat äis aner awer foxt, dat as dat Lëtzebuergesch, dat een do muss nolauscheren, och am 92,5. Et richt a schmaacht esou dacks no deem, wat poulriicht aus dem Héidäitschen iwwersat as. Et gleeft ee gär, datt et nët liicht as Noriichten huerteg a gutt an d'Lëtzebuergesch ze bréngen, mä wou een nët, an nimools, kann averstanen oder d'accord sin, dat sin déi Emissioun vu Mataarbichter, wou déi däitsch Syntax, déi däitsch Iwwersetzung een einfach bal forcéiert zouzedréien. Lëtzebuergesch muss och geléiert gin! Et geet nët duer en Doktertittel, egal a wat fir enger Sprooch ze hun, et muss een och an eiser klenger Sprooch dach wéinegstens dat Allernéidegste vu Syntax wëssen. Et fret ee sech, ob dër, déi do optrieden, ewell ee Lëtzebuergesch Autor gelies hun. Woufir kennen se d'Duerfnimm emol

nët an eiser Sprooch (et gët dach dofir esou vill Méiglechketen: an der Geographie vum Emile Erpelding, an der Extra-Serie Nummer 3 vun der A.L., am franséisch-lëtzebuergeschem Dictionnaire vum Heng Rinnen, am Téléfonsbuch...)?

Huet et nach Wäert fir sech driwwer z'entzannen? Gin déi nët «Puriste» verannt, déi eppes dergéint soen? Wat kann äis eng Emissioun hëllef, wa vun do aus d'Lëtzebuergesch däermosse verschampeliéiert gët, datt ee léiwier hätt et géif näischt esou, da géife wéinegstens déi friem Elementer nët an däre Mooss iwwerholl.

* * *

Mir kréien elo geschwënn e Koup nei Radioën: lokaler, regionaler an iwverregionaler. Een der-vun as de «Radio Wort», deen am November geschafte gin as. Den offiziellen Numm as: Société de Radiodiffusion Luxembourggeoise (SRL S.à.r.l.). D'Kapital as 80 Milliounen, 80.000 Aktie vun 1.000 l'rang. Haaptaktionär as d'Sankt Paulus Dréckerei mat 20.000 Aktien, dann den L.C.G.B. mat 10.000, den Albert Gauche vun Delémont (Schwäiz) 9.000, Lux-Lait-Expansion 8.000, d'Luxembourggeoise, Verséherungsgesellschaft, 6.000, de Crédit Européen 2.000, de Léon Weyer, Stroossen, 4.000. d'C.I.E.C., Houwald 3.000, Société civile, Réiser, 4.000, d'Yvonne Lautwein, l'ra vum Victor Ewen, Ilielem, 3.000, den Abbé Théodore Terres, Heischent, 1.000, de Joseph Jentgen, Bartréngen, 1.000, den Nic. Champagne, Fsch-Uelzecht, 250, de Franz Ettinger, 250, de Joseph Weirich, Diddeléng, 100, an de Pierre Werner, 100.

De Radio socio-culturelle kënnt och geschwënn. E Gesetz iwver d'«Media électronique» as de 27. Juli 1991 am Mémorial publizéiert gin. En Arrêté ministériel koum den 18. Oktober 1991 an deem d'Membre vun deem National Rot fir d'Programmer an deem d'Actioun Lëtzebuergesch och enner dene 25 as, dat si fir d'A.L.: de President als effektive Member den Heng Rinnen, als Ersatz de Robert L. Philippart.

* * *

E Bréif un d'Zeitunge vom Aimé Knepper (10.10.1991 e.a. am Journal). Et gong iwver: Opgepasst op eis Sprooch — d'Verlëtzebuergesche vum Héidäitschen. Sou Onrecht huet den Aimé Knepper nët, well en dat opdëscht, wat zënter Joren vun der A.L. an den Notizen enner-

strach gouf. Hien zitéiert do: schnell, oft, säit, schmotzeg, op en Neits, Frëndeskrees, Treff, Gurt, Strummert, Feierwier, Schublued, Wierderbuch, Waffeställstand, Meeschterschaft, Virstand, Dagesuerdnung, Genehmigung, Virschlag, Moosnahmen, Mitglied, Déierendokter, Stoppenzéier... Duurchewech huet e Recht. En hätt der nach méi nenne kënnen, mä nëmme bei Schublued, Stoppenzéier sief gesot, datt dat Wieder sin, déi a mëngem Hemechtsduerf ëmmer gesot si gin, déi, schued as et, vläicht bei dene jonge Leit mat Tirang an Tire-bouchon ersat gin. Déi zwee Wieder nëmnen, fir ze wësen, datt een nët esou «pauschal» kann uurtelen. «Oft» huet z.B. den Anton Meyer ewell 1829 a sänge Gedichter, e Wiertchen, dat an der Stad Lëtzebuerg dohem wor, mä nët soss enzwousch, een haut awer méi dacks héiert. Et kouw dann dunn eng Äntwert, wann een dat esou ka nennen, vum Henri Bauler, dee mengt, den Aimé Knepper géif zevill «franconiséieren». Dat gong dann esou hin an hier, bis d'Zeitungen den Disput ofgebrach hun.

* * *

An der «Trierer Volkszeitung» vum 13.1.1992 heescht et: *Moselfränkisch unsere einzige Zukunft*. Et wor op enger Versammlung vun de Krëschtendemokraten, wou eng Resolutioun ugeholl gouf, fir aus dem Gebitt Saar-Lor-Lux-Tréier eng Muselfränkesch Euroregion ze schafen, déi sech duurch d'Sprooch, Muselfränkesch, géif ergin, dat a Lëtzebuerg, an der Saar, am Lotrëngesch an an der Tréierer Géigend geschwat gët. Et goufe 16 Direktiven opgesat, déi op kuurz oder laang, misste realiséiert gin. Do wiren ze nennen: Spillschoulen a Schoulen an den däitsch-lëtzebuergesche Grenzregionen, en däitsch-fransésische Kolléisch zu Tréier, eng europäesch Kulturzeen, eng muselfränkesch Foussball-Liga, besseren Intercityverkéier, Wirtschaftskommunautéit, Spuerkessen an Bankefusioun,, Tourismus ouni Grenzen, asv. Op deer Versammlung wor fir Lëtzebuerg de Minister Fernand Boden an de Ministerpräsident vun der däitsch sproocheger Region aus Belgien, de Joseph Maraite, derbäi. Am Fong woren se all eens doriwwer, datt des Regionne misste (sollten) méi matenee schaffen, an den Intresse vun deer muselfränkischer Region an den europäesche Regionalkommissioun eestëmmege verrieden, zemol da, wann d'EG Sue fir eenzel Regionne géif spendéieren.

* * *

Aus der Usprooch vum Groussherzog Jean fir d'Krëschtfest a fir Neijooschdag: «D'Europapolitik vum Jor 2000 (as) am Fong nëmnen eng Reparatioun vun deem, wat mir am 20. Jorhonnert duerch iwwerdriwwenen Nationalismus an zwee Weltkriecher un europäescher Substanz verluer haten».

* * *

Virun 125 Jor as am Londoner Vertrag den 11. Mee 1867, d'«Lëtzebuurger Fro» esou geléist gin, datt d'Groussherzogtum Lëtzebuerg onofhängeg an éiweg neutral wir. Dat wor et och bis 1914, wéi d'Preisen amarschéiert sin. De Bethmann-Hollweg, Reichskanzler vun 1909 bis 1917, huet deemols gesot: Verträge sind Fetzen Papier — an 1940...

* * *

Déi auslännesch Kanner hun et nët esou schwéier fir Lëtzebuergesch ze verstoen a Wieder ze wëssen, ewéi mam Sazbau, heescht et an engem Rapport, deen d'Sektioun Recherche am ISERP publizéiert huet. Déi portugisesch Kanner, déi hei gebuer sin an an d'Spillschoul kommen, kënnen, ofgesi vun e puer gelefegé Wieder, knaps Lëtzebuergesch verstoen a schwätzen. Et geet besser, wann déi Joren an der Spillschoul eriwwer sin. Dofir misst an der Spillschoul den Unterrécht nach anescht opgebaut gin. De selwechte Programm fir lëtzebuergesch an auslännesch romaneschsproocheg Kanner wir anescht ze maachen. Dofir gouf och en extrat Buch fir si fir däitsch ze léieren gemaacht, dat am éischten an zwete Schouljor geholl soll gin: «Hokuspokus-Simsalabim», dat bei d'I-Buch «Simsalabim» derbäi kéim. (Lux. Wort 14.12.1991).

* * *

D'*Ausländerwahlrecht* as bis an dat nächst Jorhonnert opgeschuppt gin. Sou sot den EG-Kommissar Jean Dondelinger (Lux. Wort 13.12.1991). Et gong do och Rieds vun der europäescher Staatsbürgerschaft.

De Finanzminister a Präsident vun der CSV Jean-Claude Juncker huet op dem 10. Gebuurtstag vun der «Europäescher Jugend» séng perséinlech Menong iwwer d'Gemenge-Wahlrecht fir Auslänner esou duergeluegt: zwou Legislaturperioden hei am Land wunnen, fir him et méiglech ze maachen fir mat de lokale Saache kënneg ze gin; Lëtzebuergesch schwätzen als Bewäis vu

sénger Integratioun an Upassong; Gemengerot
kënne gin, mä nët Buurgermeeschter oder Schäf-
fen (Lëtzebuurger Land Nr. 52/27.12.1991)

* * *

De Präis Robert Krieps krut den 19. Dezember
1991 de Projet Université AID-Quart Monde.

D'sozialitesch Europa-Deputéiert Ben Fayot a
Marcel Schlechter hun dee Präis vun 150.000
Frang als Erënnerung un de verstuerwenen
LSAP-Politiker, Minister an Europadeputéierte
gestéft, deen engem kulturelle Projet vun enger
Lëtzebuurger Associatioun ze gutt komme soll.

br.

Raymond Schaack

Owend

De Schiet erwächt mam Käizchen
E streckt sech sonner Mooss
a leet dem Zonk séng Staangen
voll Hannerlëscht op d'Strooss

Dem Drot séng grailech Krallen
erwaarden e Gefier
E middgeschafften Trakter
versénkt am Pickemier.

D'spatz Lanz vun dem Kiirchturem
läit schwéier op den Diech
Si sicht no engem Affer
Wee steet fir mech wuel Bierg?

A Päerd mat bleeche Munnen
jon iwwer d'donkel Äerd
En Hengscht bleibt vru mir stoen
Ech weess fir ween e schäert.

Antoinette Delperdange-Kaber

D'Fréijor!

D'Sonn kësst dee leschte Schnéi
de Buedem gët lues warem,
si fénkelt 'rof op d'éischte Bléi
a schéngt fir Räich an Arem.

D'Schnéikläckerchen déi danzen
den Himmel as 'rëm blo
mat Blieder spatz wéi Lanzen
sou houfreg stin se do.

Eng dréckt sech un déi aner un
wéi d'Mënschen et och maachen
si pësperen a gi sech drun
de Wanter auszelaachen.

Fir déi déi d'Wonner nët gesinn
am Däischtre musse goen
mat Léift sot hinne wou se stin
et hëlleft d'Häerzeleed erdroen.

D'Léift gët erwächt am klenge Kand
a kee soll se vermessen
da wieft äis och ee raue Wand
dat schéinste Blummekëssen.

Aus dem Bicherbuttek

Fir d'éischt aus den Zäitschrëften.

Do wiren et dann d'Les Cahiers Luxembourgeois, déi den Nic Weber nees crém erwächt huet. Dat sin elo ewell fënnel Jor; e Lustrum nennt dat sech ganzeg geléiert. No méngem (ale) Larousse géif et an der (zweiter) Bedeitung spaasseg (surtout par plaisanterie) genannt. Deen neien, décken Duden weess, datt et «an der réimescher Antik» eng Zäit vu fënnel Jor gewiescht wir, näischt vu Spaassegem. Déi éischt Bedeitung as awer eng Kultesch Rengegung, all fënnel Jor; mir kënnen vläicht soen d'Ouschterbotz. Mä eescht. Wat hu mer Lëtzebuergesch an der Nummer 6/1991? Éischtens eng Geschicht vum Pe'l Schlechter mam Titel; Irrelevall. Gutt geschriwwen, a richtig! Hien hat gedreemt, e wir gestuerwen — a mat him natierlech och dat, wat en sech u Wëssen a Kënnen cruwwert hat. Dat gët awer do uewen oder do ënne versuergt. A gliese Bokaler. Alles rekupeériert. Fir de Mënsch méi dichteg ewéi e Kompjuter ze maachen. A wat heescht dat: IRREVALIS; mä: Institut de Recherche pour la Récupération des Valeurs Intellectuelles et Spirituelles. Dann eng Ftüd vum Pir Kremer iwwer «de Lëtzebuerger Patriotissem an Nationalissem vum Beispill vu méi a manner bekannte Vollekslieder a Gedichter (mat als Gégegwiicht e puer Kontragedichter)». Intressant ze liesen! wat eis Dichter an Denker doriwwer zem Beschte gin hun.

Dann d'GALERIE Nr. 3/1991. Am Ufank geet rieds vun der Conventioun déi d'Regierung mat den acht Editeure vu kulturellen Zäitschrëfte gemaacht huet. Et gët e Basissubsid vun 100.000 Frang an dann en Zousatz vun 200.000 bis 250.000 Frang. I Lëtzebuergesch hu mer: 1) Welcome to Alaska, 2) e Wëlostour vun Anchorage bis a Mexiko. Intressant ze liesen, wat een esou erliewen a gesi kann. D'Rees as gutt a lieweg erzielt, mä wat een do nach (nei) lëtzebuergesch Wieder (fir deen neien Dictionnaire) fanne kann wéi: eng Bcier, hic wëll (ouni t), Erdueleg, eng belcifte Stad, eng Fähr (mir hun hei eng Pont), souguer Spannnetz gët et do (keng Spawecker), en huet e Gefährte, dat sech wëll dele loosson (wëllt dele loosson), ech fille mech nët gutt, et reent heibaussen, an der Fricssposch gët e fündig, deser beandrockender Bierglandschaft, et gët do Schieter, Holzhütten, e Fernseh, gouf zum

éischten Nationalpark ernannt...! Näischt fir ongutt, awer e bëssche besser müst een dach op eis Sprooch oppassen.

Do as dem Fernand Müller-Hornick séng Sprooch dergéint e Genoss, mä nët eleng dat, och séng ironesch, zynesesch esouguer, Geschicht vum Mario.

Dat wat de Roger Muller iwwer d'Polemik vum Dicks contra Laurent auszesoe weess, dierft munnechen Dicksunhänger intresséieren.

An deem Zesummenhank wëlle mer och déi ganz schéi faarweg illustréiert Broschür vun «Art & Vin, Serie V» vun der Vins Moselle, Stadbridesmes, wéinegstens hei ernimmen an deer den Dicks a säi Wierk esou magistral duergestallt gët a mat der Musel an dem Muselwain verbonnen as. D'Texter si franséisch, englesch and däitsch, wou e Gedicht vum Batty Weber ziticiert gët, dat, an dat wat do steet, een haut och nach munnech Schreiwert kënn rodén ze liesen. Wéi gesot eng schéineg Broschür, déi et verdéngt an der Luxemburgensia eng Liereplaz ze hun.

Dann d'Bicher

Mat den Iwwersetzunge vum Tintin an dem Asterix, déi de Lex Roth mécht, sin nach aner op dee Wee komm. Sou huet d'Banque Générale eng aner Billergeschicht iwwersetz gloop an den 19.12.1991 zu Konter ausgedeelt, wou den Autor Morris vun deer Serie *Lucky Luke* derbäi wor. Wien d'Billerbuch an eis Sprooch iwwersat huet, gouf een nët gewuer, et as awer unzehuelen, datt et e Stater wor, well en etlech Stater Ausdréck a Wieder dat unhuele loosson, oder as et vläicht e Bäggeproofften ewéi déi lechternacher fir e «Bäigezunnene» soen? Nu gutt, kuckt selwer wéi de Lucky Luke d'Daltonen, déi kee Verhalt méi haten, erëm an de Prisong kritt.

Et hätt e wuel kaum ugeholl, datt ee sech géif drugin, fir dem *Simenon sénger Krimiën* an d'Lëtzebuergesch z'iwwersetzen. De Pol *Toussch* huet et riskéiert an dräi dervun iwwerdroen, wou hien sech awer streng huet missen un de franséischen Text halen, nom Wonsch vum Verlag. Et sin: *L'amant de Madame Maigret* (Der Madame Maigret hire Frëndche); *Etoile du Nord* (De Stär aus dem Norden); *Le pendu de Saint Pholien* (Den Erhaangene vu Saint Pholien). D'Frënn vum *Simenon-Maigret* hu mat denen dräi Krimiën

d'Méiglechkeet fir ze vergläichen an crausze fanen, wat hinnen am beschte gefällt, dat Franséisch oder vläicht dat Lëtzebuergesch. Spannend bleiwen se jiddefalls. Et mag nu sin, datt, wéinst deer Virschrëft vum Verlag, hei oder do eppes an eiser Sprooch gesénnegt huet misse gin, mä dat mécht nët esou ganz vill aus. Et liest een einfach driwwer ewech. Den Drock as gefälleg a grad esou einfach am Text wéi déi franséisch Editionen. Déi dräi Krimiën, a engem Band, mat 208 Säiten, broschéiert, kascht 860,- Frang a ka beim Verlag Pol Tusch, 8, Ernest-Koch-Strooss, L-1846 Lëtzebuerg bestallt gin. Et wärd kengem Leed don.

De Camille *Lamboray* hat virun enger Zäit d'Antigone aus dem Griicheschen iwwersat, an et schénge, hien huet sech an déi al griichesche Tragödie verbass a sech an dem Sophokles séng Elektra gin, déi hien nom griicheschen an derneft enger aler däitscher Iwwersetzung vum Staeger (1841) gemat huet. D'Buch Elektra, an ons Sprooch iwwersat, huet 131 Säiten an as an der Edition ISP, Postscheck 12-12, Lëtzebuerg erauskomm. Präis: 1.200 Frang, och an de Bicherbuttecker (cf. Rezension Lux. Wort 23.12.1991; Républiqueain Lorraine 4.12.1991).

* * *

Et as sécher schéin, wann een engem e Bucki op d'Graf leet wann en ewell laang dout as. Dat huet d'Sektion Konscht a Litteratur vum groussherz. Institut gemat mat engem Buch, an dat fénnef Membren dervun op hir Aart a Weis, mat esou «Blummen» mat denen déi den Dicks, den Edmond de la Fontaine, esou frou war: Lis Sprooch. Jiddere vun hinnen huet a séngem Gaart sénger litterarescher Blumme gepléckt. De Pol Greisch an de Félix Mersch mat engem Theaterstéck, de Fernand Hoffmann an de Pir Kremer mat Gedichter an de René Kartheiser mat sénge (Kurz-) Geschichten. Si weisen domat, datt dem Dicks séng Blummen nët vergaange si gin an dee Som dervun nët nëmmen opgong, mä sech duurch d'Zäit verbessert huet an esou aus dene Feldblummen, wann een esou soe kann, wiirlech schéi Gaardeblumme si gin. Anescht gesot, wéi sech d'Litteratur an eiser Sprooch zënter denen honnert Jor entwéckelt huet: dee Bewäis as d'Buch «*E Bucki op dem Dicks säi Graf*», 272 Säiten.

Dem Pol Greisch säin Theaterstéck «*Ennerwee*», dat de 25. Januar 1978 am neien Theater gespilt gouf, hat de Leit gutt gefall an et as ee frou et hei

liesen ze kënnen. Et kann ee behaupten, datt et ewell «historesch» gesi ka gin, wann een dra liest, datt een d'Kommunion, d.h. d'Hostie bei der Kommunion op d'Hand kritt an nët méi an de Mond gestach muss gin: soss eng Saach der Onméiglechkeet. D'Theaterstéck as wuel wäit ewech vum Dicks séng mat Gesank a Jux, dofir en Zeie vun eiser Zäit.

D'Stéck vum Félix Mersch, dat den Autor en Drama nennt, beschreift eng Zäit, wou Hexen a Geeschterglaf regéiert hun, wou d'Justiz eng aner Nues hat ewéi mer se haut kennen. E fänkt direkt mat deem mythologesche Kannerliddchen vun den dräi Jongfrauen un — et mag haut vergiess an nëmme méi a Folklorebicher ze fanne sin — de Schicksalsgöttinnen, déi de Fuedem (vum Liewe) knëppen an durchschneiden, a féiert äis domat an déi Welt eran, déi laang eriwwer as. Decmools wor et esou, datt e Verbriecher Asyl konnt an engem Haus fannen, wou e Steckapp am Giewel agebaut wor. Do hat deen dann, je nodeem, wéi hei, sechs Wochen an dräi Deg séng Fräiheet, d.h. en duerft do nët vu sénge Verfolleger gefaange gin, well déi nët an dat Haus eran duerfte goen. As et em nu gegléckt no deer Zäit dräi Schréck virun d'Dir ze setzen, ouni datt séng Verfolleger en ze pake kruten, hat en nees déi selwecht Zäit esou laang nach séng Fräiheet. An deem Haus wunnen dräi eler Joffren, déi nët zu de Leide komm sin, wou de Raiber Thömmes ergestiimt kënt. E verdréit dene Medercher de Kapp e bëssen, zwee wëllt et mat sénge Wiechter verkoppelen, an dat drétt verléift sech an en; dat wëllt him hëllef fir nees eng Keier séng Fräiheet fir sechs Wochen an dräi Deg ze behalen, verkleet sech als Maansmensch, leeft esou eraus, de Raiber Thömmes sollt dann hannendrun déi dräi Schréck ze maache kréien, mä deen as krank gin, huet ofgeschloss mam Liewen, léisst sech fänken; d'Meedche fällt an de Pëtz an erdrénkt. Sou wäit d'Geschicht vun den «Dräi Joffren an e Raiber».

D'Gedichter vum Fernand Hoffmann, deen hei weist, datt en nët nëmme Litteraturkritiker as, mä an dene 25 Stéck grad esou dee Wee verlooss huet deen Dicks a Lentz a Rodange getréppelt hun. Se si voller Liewen a Striewen, voller Buedem, wësse vu Leed an Liwegkeet, vun Natur an Émwelt, a visueller Poésie.

De Pir Kremer léisst a séngen 23 spaassgen, ironeschen a pickege kritesche Gedichter dat erëm opliewen, sou wéi mer et vun him kennen an erwaarden.

De René Kartheiser as op engem anere Genre de Méeschter an dene (gereimten) (Kuurz-)geschichten, wou een der eng ronn Dosen nees liesen an erlieue kann. Ernimme mer jhust hei, datt eent (De Conveniat) vun him énnert oder hannert d'Gedichter vum Pir Kremer geruscht as, wéi d'Buch assembléiert gouf. Et bedauert een, datt d'Schreifweis, déi dach offiziell as, nèt ganz konsequent duurch d'Buch respektéiert as gin. Solle mer dann nèt eng Kéier esou wäit kommen, fir dat ze maachen, zomol, wou een (ze dacks) liest, datt d'Leit d'Lëtzebuergesch duerwéinst nèt wëllte liesen? En anere Wonsch wir deen — an do kënnt den Dicks engem zepaass — fir dat woufir mer d'Wuert nèt hun, do léisst ee propper d'Nues dervun — nèt an d'Häidäitsch glannen ze goen, wéi et an deem Buch alt geschitt as.

Ma näischt fir ongutt — et as e Buch, dat säi Wäert huet, et as Guddes a ganz Guddes dran — trotz dem Glannen —; et as e Bucki, deen dem Dicks doudsécher l'reed mécht, wann hien et vun do kucke kann, wou mer mengen, datt e wir. D'Buch, propper a léfteg am Drock (Sankt Paulus-Dréckerei), as bei der «Messagerie du Livre» (Postscheck 2500-38), Lëtzebuerg, an och an de Bicherbuttecker ze kréien a kascht 1550 Frang.

* * *

h.r.

E puer Wuert iwver *De Papagei um Käschlebam* (Zenen aus der Nochkriechszäit — Roman vum Roger Manderscheid). Frauskomm bei den Editions PHI, Iechternach.

Dëse Roman as d'Fortsetzung vum «Schacko klak». E spillt an de Jore 44 bis 47/48 a stellt gréisstendeels déi Zäit duer aus der Perspektiv vun der zentraler Romanfigur, dem jonke Chrëscht Knapp vun Izeg, deen an enger Zäit vun Iwwergank an Neierung (d'Amerikaner bréngen hire 'way of life' an d'Duerf) séng Pubertéit mat all hire Wënsch an Ängschten, hire Krisen a Komplikatouneen erlieft. Den Opbau vum 2. Deel as a groussen Zich dee schwechten ewéi am éischten: Zwéin Haaptdeeler (vun zweehonnert an déi zwanzeg Säiten):

1) Séissholz — 2) Batteralzem sin allebéid a 16 Kapiteln énnerdecht; téscht all Kapitel stécht eng «fotfo» oder en «tëschespill»; déi all Kéier d'Roll spille vun engem simultanen Frunhuelen an Distanzéiere vun där deels autobiographesch erliefter, deels poetologesch beléichter an interpretéierter Wirklechkeet spille: wat un Handlung a wat u banneweg psychologeschem

Erliefnes am Kapitel virdrun duergestallt gouf, gët an den Tëschespiller reflektéiert, kommentéiert (och aus der Siicht vun deem erwuessene Chrëscht, deen haut (d.h. 1991/92) zu Berlin lieft), et gët och alt kritesch, ironesch oder dialektesch-widdersprécklech z.B. an der Form vun engem figuréierten Dialog téscht him (d.h. dem Bouf) an HIM (d.h. dem erwuessenen Intellektuellen) gedeit...; dobäi gëtt Rieds vum Verhältnes vun erliefter Wirklechkeet an hirer kënschtlercher Émsetzung; vun der Identitéit vun enzelnen am Liewen wéi och vun dem Konschtwierk sénger egener Identitéit; geschwat gët do, wéi och a munneche Kapitele vum Roman, vun der Funktioun a vum Funktionéieren, vun der «Moral» a vun der A-moralitéit, vun der Konscht, vun hirer Egestännegkeet, vun hirem egene Wäert, vun der Schwiregkeet, Qualitéit-sënnerscheder an hir ze gesin...

Et sief dann och nach gesot, datt déi enzel Kapiteln no enger Zort Montage- oder Collagetechnik vu Sequenzen, Biller, Dialogen, énnere Monologen, Beschriwongen, Stëmmungsmomenter, Prosagedichter, asv., zesummegeat sin; episéierend, lyresch an dramatesch Momenter wiesselen of, iwwerschneiden sech ouni datt déi Schnëttechnik géif stéieren; am Konträr, si wiirkt léissend, gët e Ganzt, gët e groussen, mol hell- moll donkelfaarwege Spigel vun engem Liewen, e Stéck vun dem Chrëscht sénger Liewesballad, aus där Biller vu Krich a l'reed, vu Léift a Leed, vu Gléck, a leitmotivesch-strukturéierend, vu grousssem Verlaangere, der Rei no virum Lieser entstin...

Mee eng gutt Conception, eng raffinéiert Kontruktion eleng man nach kee gudder Roman — wat dragesot gët, a wéi et gesot gët, datt intreséiert déi allerméescht wuel am allerméeschten: Dee jonke Chrëscht KNAPP steet am Mëttelpunkt; aus séngem Bléckwénkel gët déi grouss an déi kleng Welt ëm d'Jorhonnertmëtt beléicht: séng Spillkomeroden a Komrodinnen, d'Duerfleit, déi amerikanesch Zalnoten, d'Kollegen an d'Proffen aus dem Kolléisch, d'Lektür vun Zeitung a vu Karl May, vun de Schoulbicher, Sendungen aus dem Radio... alles stüürt a séng Welt, wëllt beduecht an hannerfrot a veraarbecht gin — an dat as méi ewéi duebel schwéier: éischstens emol well hien, — wéi gesot, matzen an der Kris vun der Pubertéit steet, zwetens, well d'Amerikaner d'Liewen am Duerf an d'Virstellungen an d'Biller am Chrëscht séngem Kapp

duurchene rëselen, well doduerch déi paternalistesche, autoritär a reaktionär Instanzen (Papp, Schoulmeester, Proffen, Kiirch a Paschtéier...) a l'ro gestallt gin — oder misste gin, d'Welt vu séngem unerzunnene «Papageiegescht», vun engem Sech-schummen, Fäerten, Kuschen a Jo-Soen. D'Widderspréchlchkeet vum Licwen, d'Op- an Of vum Licwen, déi grell a barock Onbestännegkeet, dee Wiessel vu Freed a Leed, vu Gléckseffill an Trauer, vun Opgoen an engem eenzege Abléck (z.B. bei där éischer Bees vum Aline) an dat Verlaangere unni Grenzen iwwerfuehert de Chrëscht, apaart an esou enger Phas vu simpler «Tumbheet» a candider, munnechmol och schalléckseg-ironescher Naivitéit.

Wéi soll hien esou fréi ewell relativéiere kënnen téscht där heller, waarmer a religiéis-frommer Welt vu sénger Mamm an där rationalistescher, opgeklärter vum Monni Ujheen vun Uewerkuer oder denen (wéi en am Ufank schwer mengt) rücksichtslosen, «onmoraleschen» an nihilisteschen Attacke vum Addo vun der 'lroisième...?

Nieft denen Eck- an Hauptfigure wibbelt et nëmmen esou vun aneren, déi je no Erliefnes an ablécklechem Gefill wéi bei engem Päerderchesspill op een zoukommen, plastesch a faarweg virum Lieser stin, eenzegearteg (mat Ausnahm vun en etleche Personnage an Zene aus dene leschte Romane vum Guy Rewenig) an hirer individueller an doduerch och erëm typescher, «klassescher» Aart; an dat geschitt beim Auteur Manderscheid mat enger onverwiesselbarer realistesch-akribescher a psychologescher Fxakthet. An déi gewénnt nach d'uech dat bestänneg Ofwiesselen téscht realistesch an hei an do grell expressionisteschen oder karikaturale Passagen... An dat alles, — sot der vläicht — am Dialekt, am Lëtzebuergeschen, an der Sprooch vun de Baueren an den Handwierker?

Dorobber sollt een dat eleiten äntweren: De Roger Manderscheid beweist, datt eis Sprooch räich a voller Nuancen as, datt een déif Gefiller a wichtegst perséinlech Erliefneser op eng adäquat Aart a Weis am beschten, vläicht och nëmmen, a sénger Mammesprooch echt an nuancéiert kann ausdrécken; e beweist och, wat fir e grouse Sproochschaz a wat fir eng Dynamik an hir stiechen. Dee Bewäis kann awer nëmmen e professionelle Schrëftsteller bréngen, deen a sénger Sprooch dohem as, kee Sonndesnomëttes-Amateur; een deem séng «Buschtawenzopp» ee perséinlechen, originelle Geschmaach huet; an

dee Geschmaach huet dës gegléckt Mëschong vun Dichtung a Wiirklechkeet; et as nët zevill «Séissholz» oder nët zevill «Batteralzem» dran; den Auteur weess elo ouni ze zecken, wéivill vu wat fir enger Prise wou a wéi laang musse matene verréiert gin: wéivill Eeschte mat wéivill Satireschem oder Kriteschem...

Wann ee fäerdeg Formelen op Litteratur dierft unwenen, da géng ech behaupten: schrëftstellersche Metier a kënschtlersche Talent gin eng gegléckt Symbios an, mat dësem Resultat: de «Papagei um Käschtbam» as en authentesch Konschtwierk!

Dëst Buch wäerd garantéiert nach méi ee grouse Succès hun ewéi de «Schacko klak», well eng ganz Generatioun (och méng Generatioun) sech bis an eng Hällewull vun Detailler doranner erëm gesäit, well séng egen Identitéit sech mat hire Krisen, séng Kandheit a séng éischt Jugendjoren sech dra spigelen; et gët op eemol alles esou richtig «wouer» wat een dra liest, et identifiziéiert ee sech — an et gët een an e Prozess vun éinnerlecher Reflexioun a vläicht och kritescher Distanz eraprojeziéiert.

Dëst Buch bedeit garantéiert och eng Zort Sech-fräidenken, Sech-fräifille vun erliefter Wiirklechkeet, e Stéck Individualisatioun...

Mä wat mir dat Wichtegst schéngt:

!1 as Spaass et ze liesen; vun enger Zort vu «Recherche du temps perdu» gët ee gefaang; esou e Buch as spannend: wat geschitt als Nächst an der Welt vum Chrëscht, vun dem Heng, der Mamm, dem Papp, dem Monni Vic, der Tata Zëss, dem «Djhon», dem Kristoffer, dem Scharli, dem Jhull, dem Edmée, dem Mill, dem Wiirt, dem Paschtouer, dem Pauline, dem Robbi, der Geess «Germaine», dem Eck, dem Laux, dem Lee, dem Bubi, dem Rechekier, dem d'Jhiovanna, dem Karel, dem Michell (vu Paräis), dem Morbach, der Tata Marie, dem «Gummi», dem alen Altmann, dem Schmeling, dem laangen Engel, dem Ossi, dem Stänner, dem Fritz, dem Jhullo, dem Bolli, dem Bulli, dem Läpp, dem Ludo, dem Holzaasch, dem Stucka, dem Dax, dem Bloen, dem Leckschister, (dem Papagei), dem Antonella, dem Gabi, dem Addo, dem Aline... (dës Lëscht as wäit ewech vu vollstänneg)? Wat fir eng Äntwerte fént de Chrëscht op séng Aart an Weis, Gott an d'Welt an d'Mëschheet iwwer Relioun a Sexualitéit a sech selwer a Fro ze stellen?

Hei sin där Froen en etlech aus «Séissholz»:

- fir wat gees de nach an d'kirch?
- wat as d'liewe wäert?, ee méckeschass?
- wat as dat, e gummi?
- kann d'liewe schéi sin?
- wéi gesäit et aus bei de medercher an der box?
- fir wat huet den allmächtige djhiseskräiz dat alles mat sech gewäerde gelooss? as dat fir d'kaner färcen ze din?
- fräiheet: gët et esou eppes?
- fir wat gët et steng op der welt? wou kommen d'wollécken hier? an d'waasser vum mier?
- fir wat können d'bäm nët schwätzen?
- fir wat stierwen d'leit? an d'stären?
- fir wat gët et iwwerhaupt eng welt?
- fir wat leeft d'waasser nët biergop?
- fir wat können d'déier nët laachen?
- wéi grouas as den herrgott? zéng meter? honnert meter? e kilometer?
- fir wat as den herrgott keng negerin?
- wat heescht: unbefleckte empfängnis? dreifaltigkeit? erbsünde?
- hat d'muttergottes e korselli un?
- fir wat gët krich?
- wéi schweier as eng wollek?
- fir wat hun ech all muerges eng gäns?
- fir wat gët et en index?
- wat as den ënnerscheed téschent engem gehir an engem gewëssen?
- fir wat hun ech esou dacks d'flemm?
- as nët alles, wat ee sech virstellt, méi intressant wéi d'wirklecheet?
- wat soll aus mir gin?
- fir wat musse mir all mount eng kéier muerges an d'kathedral an d'mass mam ganze kolléisch?
- wéi al soll ech gin? ...

Eng Haaptursaach, wéinst där de Chrëscht et esou schweier hat, fräi an erwuessen ze gin, war déi obskurantistesche an autoritär Erzéiung, haaptsächlech duerch Kierch an Relioun; dofir as de Chrëscht am 2. Deel vum 2. Deel — wou e probéiert, selwer ze denken, a «batteralzem» also, jo dann dee:

- chrëschtologeschen,
- chrëschtlech — gestuckelten,
- chrëschtlech — gedrudelten
- chrëschtlech — getéitschten
- chrëschtlech — vershoterten

- chrëschtlech — vermuurksten,
- chrëschtlech — bedäbberten,
- chrëschtlech — vermasselten,
- chrëschtlech — gediebelten,
- chrëschtlech — ugebranntem,
- chrëschtlech — gehelkten,
- chrëschtlech — beduseltem,
- chrëschtlech — beniwweltem,
- dee chrëschtlech — gepefferten,
- dee chrëschtlech — vermuurksten,
- dee chrëschtlech — ugesengtem,
- dee chrëschtlech — veronsécheren,
- dee chrëschtlech — katholikaner,
- de chrëschtliche — katholikert,
- dee chrëschtlech — gelackmeierten», asv., asv.

Dir gesitt — eng laang «Anti-litanei» an där hiren cenzelnen Atributen Selbstironie, Satir, Angscht a Leed, Bedauern an och e Schotz Aggressivitéit sech spigelen, — grad ewéi an der Hallewull vu Froen am 1. Deel, wou den typesche Manderscheid dra stécht, eng déif Sensibilitéit, eng sozial- a reliounskritesch Oder, eng éierlech Berechtschaft fir méi Fräiheet an Demokratie an eise Käpp.

An all Zeen, all Episod, z.B. «Kourtestécker» oder: «nixda — nixdorf» oder «au, aua, aaa», all fréi gedanklech a gefillsméisseg Beschäftigung, all ënneren Dialog téscht »him» an HIM erlaben deem konzentréierte Lieser eng synoptesch Vue, iwwer de Wec vum Wierk, e Bléck an d'Billierwelt an an d'Lëtzebuurger «mémoire collective» vun den éischte Nokrichsjoren, an e Bléck bannenzeg eran an den Auteur, als Mënsch.

Et falen engem dann och en etlech Parallelitéiten zum Guy Rewenig an der Aart a Weis ze schreiw op, och verschidden Ähnlecheten am Choix vun der Thematik, vun de Motiven, eng aussergewöhnlech Lichtegeket am Sproochgefill, en onerwaarte Sënn fir Wuertwurz, mat dem Ënnerscheed, datt dem Manderscheid séng Approche munnechmol manner schaarf, do-duerch vläicht manner moraliséierend, méi eng ofgekläert Mëschoing vu Kräischen a Laachen as, vläicht well hie schon e puer Jor méi al as wéi mir aner, déi grad dunn eréischt op d'Welt koumen, wéi hien am Kolléisch op Cinquième wor?

Enger Rei vu sénge Komerode vun deemools (cf. z.B. dem Tun Deutsch) oder sénge Bekannten, sénge Kollegen a Frënn vun haut (z.B. dem Mar-

cel Rewenig, Papp vum G.I. NEVER / = REWENIG Guy; oder «Der blutige Staub der Weltwege? – Der fromme Staub der Feldwege(?)» – e Buch vum Lex Jacoby, oder dem Pol Grecsch, seet de Roger Manderscheid op séng Aart am Buch merci: hie baut hir Nimm mat an.

Zum Schluss – an am plaz vu enger Rezensioun vum Roman, deen ee soll onbedéngt liesen, an nët nëmmen iwwerfléien oder méi oder manner geléiert kritiséieren, nach zwou Saachen:

1) dat originellt Titelbild huet mer, wéinst sénger Symbolik – a well et esou gutt d'Ausso vun där Haaptzeen an der Mëtt vum Buch, a vum Buch iwwerhaupt crémgët – apaart gefall;

2) an deem Lëtzebuergeschen, wéi et hei geschriwwen gët, fillt een sech doheem; et spiirt een dem Auteur séng Freed un där Lëtzebuergescher Sproochwelt an um Experimentéiere mat der Sprooch esou richteg eraus.

As et elo awer, well de Roger Manderscheid nët als «Sproochpurist» wëllt gëllen, datt eng Rei «modern Germanismen» dra virkommen, oder well e mengt, d'Sprooch wär no alle Säiten op, a géif sech nët ëm «normativ Sproochmattes» këmmern, as schwéier soen: «... en duerf as vu stécker ëmgin – obschon – aschlofen – grübelen – andösen – den damp as agedrongen – e bouwege kierper – bannen zéng deg – verschlonge weër – de won kouw ugerast – gedröhnt – sécherlech...»

Esou Ausdréck bleiwen dem Goût vum eenzele Lieser iwwerlooss. Den Auteur selwer huet jo och nët all Onrecht, wann en äis an esou engem Fall géing soen, wéi op der Sait 91, iwwer d'Wuert «grübelen»: «dat as nët lëtzebuergesch, mee du verstees et jo awer!»

Fazit: esou wéi d'modern däitsch Litteratur hiren Oskar Matzerath (vum Grass), déi amerikanesch hiren Owen Mcany (vum J. Irving) hun, esou hu mir elo eise Chrëscht Knapp (vum Roger Manderscheid). Dowéinst däerfe mer äis roucg e bësse mengen!

A jidderee waart elo gespaant op en 3. Deel fir gewuer ze gin, wéi et dem Chrëscht dono goung wéi e vu Blankenberge erëm koum; ob d'Aline oder soss een säi Krecsch héieren huet – a wéi en sech bannewenneg an no baussen an der Welt ageriicht huet...

P.S. En etlech Lieser vum Roman hu gemengt, esou eng Zort – phonetesche Orthografi – wéi «Villosie, grët, häwwi, mawelos» (fir Philosophie, great, heavy, marvelous), asw. wir jo vläicht «witzeg» a lëschtég – fir heiansdo! A bal all auslännesche Frënd vun eiser Sprooch bräicht jo awer an deem Fall eng «Iwwersetzung»??

Gjpr.

Actioun Lëtzebuergesch - Eis Sprooch

21, Bredewe, L-1917 Lëtzebuerg
Postkëscht 98, L-2010 Lëtzebuerg
Tel. (Äntwertapparat) 47 06 12
Konten: Postscheck 6644-48
Spuerkeess 1000/7250/4
BIL 4-100/9748

Wat an den Artikele steet, as nët onbedéngt d'Monong vun der Actioun Lëtzebuergesch – Eis Sprooch.

*Wéinst techneschem Misär an der Dréckerei – Computere gin och alt verréckt –
kënnst dës Nummer méi spéit.*

Wat huet d'A.L. bis elo erausgin ?

Mir kënnen nach offrëieren :

Zäitschrëft «Eis Sprooch»

| | | | |
|---------|------|---------------------------------------|-------|
| 1-1972 | 30 F | (Facsimilié, Ried vum C.M. Spoo 1896) | |
| 8-1977 | 70 F | 17-1985 | 70 F |
| 9-1978 | 70 F | 18-1986 | 70 F |
| 10-1979 | 70 F | 19-1986 | 70 F |
| 11-1980 | 70 F | 21-1987 | 70 F |
| 13-1981 | 70 F | 22-1988 | 70 F |
| 14-1982 | 70 F | 23-1988 | 70 F |
| 15-1983 | 70 F | 24-1988 | 120 F |
| 16-1984 | 70 F | 25-1989 | 120 F |

Vereinschreiwereien
zesummegehallt vum Marcel Lamy + Porto 60 F

Extra-Serie

| | | |
|-------|--|-------|
| No 1 | De Rick, 2. Oplo, vum René Kartheiser | 50 F |
| No 2 | Ueter d'Jor, 2. kompléiert Oplo vum Heng Rinnen | 150 F |
| No 3 | Stuelen (Modeller) 3. Oplo fir all festlech an aner Gelechenheten, eis Uertschaftsnumm, Menuën, d'Schreifweis asw. | 90 F |
| No 6 | Dem Prënz Muttwëll séng Rees an d'Mäercheland e Mäerchespill vum Edith Roeder mat der Musek vum Louis Beicht, an d'Lëtzebuergesch Iwwersat vum Robert Siuda, Illustratiounen vum Pe'l Schlechter | 300 F |
| No 7 | Kuuz Gschichten, Concours 1986 | 90 F |
| No 8 | Klenggeketen vum Robert Siuda | 90 F |
| No 9 | De Kapp an de Stären vum René Kartheiser, gebonnen | 465 F |
| No 10 | Kuerblumen um Lamperbiërg gepléckt vum J.F. Gangler (1788-1856) mat der Schreifweis vum haut vum Tun Gonner | 90 F |
| No 11 | Lëtzebuergesch - Franséischen Dictionnaire (M. Th. Kroemmer) | 100 F |
| No 12 | Radiospiller (Concours 1989) vum Jhemp Hoscheit | 60 F |
| No 13 | Mat Laachen a Kräischen vum Tony Bastian | 150 F |
| No 14 | De gaunze Wee vum Tit Schroeder | 360 F |

D'Léierche (dem Léiweckerche säi Lidd)
M. Rodange, Facsimilié an Transcription (1973) 500 F

D'Buch fir Lëtzebuergesch-Couren:
Kommt mir léiere Lëtzebuergesch (Lëtzebuergesch-franséisch) 500 F
+ Porto 80 F

D'Iwwersetzung vum lët. Text vum Buch op däitsch,
englesch oder portugisesch all Kéier 150 F

Déi 3 Cassetten, déi bei dëst Buch gehéieren 945 F
(Et kann een d'Buch oder d'Cassetten och eleng kafen.)

D'Spéngel vum der A.L. 50 F

D'Bronze Plaquette 1.250 F
vum Dicks - Rodange - Lentz + Porto 100 F

Eis Gléckwonsch- a Neijooschkaarten

| | |
|--------------------------|----------------|
| Neijooschkaarte mat 'éxt | |
| 1014 Greinskapell | 1034 Huelmes |
| 1044 d'Schibbreg | 1144 Siweburen |
| 1214 Rümmech | 1224 Mënsbech |
| 1234 Iechternach | 1244 Clausen |

| | |
|----------------------------|--------------------|
| Kaarten mat oder ouni 'éxt | |
| 1334 Zolwerknapp | 1344 Schläifmillen |
| 1514 Méchelskürch | 1524 Branebuerg |
| 1534 Dufferdang | 1544 Rëmmereg |
| 1614 de Möllerdall | 1624 Iechternach |
| 1634 de Pafendall | 1644 d'Niels |

1990/91 Zeechnungen aus dem Buch «Le Luxembourg dans les gravures du 19e siècle», vum François Ewen

| | |
|-----------------|---------------|
| 1714 Esch-Sauer | 1724 Veianen |
| 1734 Ansbuerg | 1744 de Groun |

1991/92 Zeechnungen aus «Le Luxembourg illustré et commenté dans les périodiques étrangers»,

| | |
|----------------------|-----------------|
| Fr. Ewen / J. Welter | |
| 1814 Huelmes | 1824 Klierf |
| 1834 Veianen | 1844 Lëtzebuerg |

De Präis vun de Kaarten as 15 F d'Stéck
Bei 100 Kaarte kritt ee se fir 11 F d'Stéck
Porto fir Kaarten hei am Land

| | |
|----------------------|----------------------|
| 1 Serie (4 Kaarten) | 25 F |
| 3 Serie (12 Kaarten) | 40 F |
| doriwwer | 60 F |
| fir Europa | 30,- / 60,- / 90,- |
| fir Iwwerséi | 70,- / 155,- / 230,- |

Gléckwonschkaarten (ouni 'éxt)

1991/92 Modern Moleri vum der Madame Lou Kreintz
612 an 622 Tableau (faarweg) 30 F d'Stéck

Gléckwonschkaarten fir Hochzäit oder Gebuurt
Zeechnunge vum O. Nalezinek
4 verschide Kaarten 15 F d'Stéck

D'Präisser déi mir ugin, si fir Membren.
Schoulen, Gemengen, Veräiner oder Membren, déi am grouse kafen, kënnen Rabatt kréien.

Bestelle kann een duerch Iwwerweisung op ee vun eise Konten: Postscheck 6644-48
Spuerkeess 1000/7250-4 — BIL 4-100/9748


Schreift w.e.g. op Äre Virment/Versenment genee, wat Dir wëllt, an och d'komplett Adress.
All Informatiounen kennt Dir um 'téléfon 4706 12 (Äntwertapparat). Wa keen am Büro as, da sot w.e.g. Är Telefonsnummer, mir ruffen Iech dann erëm.

Bestelle kennt Dir och schrëftlech un eis Adress:
Actioun Lëtzebuergesch
Postkëscht 98 L-2010 Lëtzebuerg

Porto fir Buch/Zäitschrëft fir Lëtzebuerg (wann net extra vermierkt): 40 F. — Fir d'Ausland a bei nëi grouse Commanden rüchte mir eis nom Posttarif.

Et kann een natüerlech och séng Bestellung an eisem Büro op Nummer 21 am Bredeweie an der Stad ewechhuelen.
Am beschte freet een dofir e Rendez-vous.

ÄRE PARTNER



an alle Finanzfroen



SPUERKEESS